Conseil communal

Séance publique du 28 janvier 2008

Durée de la séance: *14.30 à 17.00 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP) (jusqu'au point 4.1. inclus)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Albert Muller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance secrète :

1. Personnel: démission volontaire d'un fonctionnaire communal - décision.
2. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique :

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 4.2. Décomptes de travaux extraordinaires
     - 4.2.1. Réfection et reprofilage de diverses rues et divers chemins de la commune - approbation du décompte.
     - 4.2.2. Remplacement du transformateur à l'école « An Eigent » à Pétange - approbation du décompte.
5. Propriétés
   - 5.1. Echange d'une emprise et d'une contre-emprise sise à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp » avec la société BALDUR S.A., de Alzingen - décision de principe.
   - 5.2. Echange d'une emprise et d'une contre-emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit « Rue de la Providence » avec M. et Mme Domenico Netti-Ravelli de Lamadelaine et l'administration communale - approbation de l'acte.
   - 5.3. Cession, d'une emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit « rue des Prés » par M. et Mme Joseph Schwab-Streff de Pétange - approbation de l'acte.
   - 5.4. Acquisition, de deux terrains boisés sis à Lamadelaine, lieu-dit « Oberst Blenken », de la part de MM. Robert Berg de Niederkorn, Paul Berg de Machtum et Jules Berg d'Echternach - approbation de l'acte.
   - 5.5. Acquisition, de la part de M. Emile Spiroux et Mme Pauline Felten de Rodange, de M. Robert Felten et Mme Christiane Schmitz de Rodange, de M. Serge Felten der Merscheid, de M. Gilles Felten de Soleuvre, de deux places et d'un terrain sis à Rodange, lieux-dits « Rue de la Minière » et « Au Doihl » - approbation de l'acte.
   - 5.6. Acquisition, de la part des sociétés « Les Résidences » S.A. de Strassen et « Thomas & Piron » S.A. de Our (Belgique), de locaux en futur état d'achèvement et de terrains sis à Pétange, lieu-dit « In den Azingen » en vue de l'implantation d'un centre psycho-gériatrique - décision de principe.
   - 5.7. Vente, à M. et Mme Jean Nau-Leches, de Rodange, d'un terrain communal sis à Rodange, lieu-dit « Au Jardin » - approbation de l'acte.
   - 5.8. Vente, à des riverains, d'un terrain communal (20 parcelles) sis à Pétange, rue Guillaume - approbation de l'acte.
   - 5.9. Cimetières: vente de concession de sépultures et de columbariums - 2e semestre 2007 - approbation.

6. Personnel
   6.1. Création de deux postes dans la carrière de rédacteur (m/f) et suppression d'un poste d'expéditionnaire technique - décisions.
   6.3. Création de deux postes d'ouvriers à temps partiel (m/f) comme surveillants dans le bus scolaire - décision.
7. Enseignement: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
8. Prévisions sociales
   8.1. Emploi: engagement d'étudiants (m/f) pendant les vacances scolaires d'été de 2008 - décision de principe.
   8.2. Organisation d'activités de loisirs - convention avec la société « BDK.LU » de Pétange - approbation.
   8.3. Aide aux sinistrés: subvention au profit des victimes du cyclone « SIDR » au Bangladesh - décision.
   8.4. Aide au Tiers Monde: projet du Syvicol - amélioration des conditions de scolarisation des élèves de la commune de Ribeira Grande de Santiago (Cap Vert) - décision.
9. Environnement: Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA): programme d'action annuel pour l'exercice 2008 - approbation des travaux, plans et devis.
10. Sylviculture: plan simple de gestion des forêts de 2007 à 2016 - approbation.
11. Transports et communications
    11.1. Règlement général de la circulation routière: 12e modification - décision.
    11.2. Règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.
12. Vie associative
    12.1. Syndicat d'Initiative de Pétange - modification des statuts.
    12.2. Association « Péitenger Wand » - radiation de la liste des sociétés subsidiées - décision.
    12.3. Club carnavalesque « KAGEPE » - statuts et admission sur la liste des sociétés subsidiées - décision.
13. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Séance secrète

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

Démission volontaire d'un fonctionnaire communal :

M. René Schaul, fonctionnaire au service technique, est démissionné de ses fonctions avec effet du 1er avril 2008.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech begréissen iech all zur ëffentlecher Gemengerotssëtzung, däer éischter am neie Joer. Fir d'alleréischt géif ech dem Här Welter d'Wuert ginn. Virdru wëll ech awer net vergiessen ze soen, datt den Här Pierre an d'Madame Gansen sech entschëllegt hunn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt iech e klenge Kommunikee maachen zur „Société Lorraine de Revalorisation" (SLR) zu Rodange. Do gëtt et Neiegkeeten. An der Gemengerotssëtzung vum 21. Januar 2007 hu mer am Dossier SLR entscheet, Recours um Geriicht ze huele géint d'Autorisatioun vum Ëmweltminister vum 21. Dezember 2006. Mer waren deemools der Meenung, datt déi Autorisatioun dem Geriichtsuerteel vum 8. Juni 2005 net an alle Punkten entsprach huet. Haaptsächlech wat de Kaméidi, d'Buerungen an d'Analysen ugeet, esou datt d'Bierger an d'Natur net genuch geschützt sinn. D'Uerteel ass den 3. Dezember 2007 um Geriicht geholl gi mat folgendem Text : „Les juges du tribunal ont déclaré recevable le recours formulé par l'administration communale de Pétange et les 199 requérants."

D'Modifikatiounen am Arrêté 1/97/0188/B mussen elo ewechgeholl an ersat ginn. An dat an engem Zäitraum vun 6 Méint op den Datum vum neien Arrêté. D'Geriicht huet d'Konklusioun vum Ökoinstitut aus dem Joer 2004 zeréckbehalen. An zwar ass d'Zuel vun de Buerunge vu sechs op 14 eropgesat gi fir all 25 Ar. Am ganze sinn et op Lëtzebuerger Säit 26 Hektar. D'Déift vun de Buerungen ass och eropgesat ginn, an zwar vun 1,5 Meter op 6,5 Meter.

D'Analyse vun de Prouwe musse vun engem „organisme agréé" duerchgefouert ginn an d'Resultater mussen deenen zoustännegen Autoritéite matgedeelt ginn, déi dann hiren Accord ginn oder och net. Zousätzlech huet d'Geriicht festgehalen, datt och Analyse musse virleien iwwer Cr VI, OCB, Furanen an Dioxinen. Dës Analyse kaschten zimlech vill. D'Konsequenz ass déi, datt d'SLR nees an Appel geet. Ech erënneren drun, datt mer am Budget 2008 ronn 15.000 Euro fir Affekotekäschte virgesinn hunn, esou datt mer finanziell ofgeséchert sinn. Esou séier wéi nei Elementer an dësem Dossier komme wëll ech eech um lafenden halen. Wéinst dëser Entscheedung géif ech och virschloen, der SLR hir Invitatioun, de Site besichen ze goen, net unzehuelen.

4.1.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Op de Säiten 23 an 24 hutt der déi Recetten, déi zum gréissten Deel nach op den Exercice 2007 verbucht ginn, mee och schonn déi éischt Recetten, déi op den Exercice 2008 verbucht ginn. Ervirhiewe kann een zwee Subsiden. Deen éischten an eng weider Partie hu mer krut fir d'Erneierung vun der Athuser Strooss. Dat sinn 339.713,91 Euro. Dobäi hu mer och e Subsid vun 295.913,06 Euro fir d'Aarbechten um Kanalnetz krut, déi mer an der Aloyse Kayser Strooss zu Péiteng gemaach hunn. Derbäi gesidd der och, datt mer,

wat d'Gewerbesteier an d'„Dotation de l'Etat" ubelaangt, d'Avance fir dat 4. Trimester kruten. Dat waren engersäits 2,793 Milliounen Euro an 2.389.266 Euro. Am ganze sinn dat Recette vun 6.152.959,26 Euro, déi mer an deene leschte Wochen a Méint erakruten.

Carlo Gira (CSV):

Ech hu just eng Fro zu dem éischte Punkt, dem „plan de développement urbain". Läit do scho vir, wéini dee virgestallt gëtt ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer sinn amgaang, mat dem Bureau d'études ze schaffen. Mer hunn och en Timing gesat – wou ech mech awer net ganz wëll definitiv drop festleeën – nodeems mer am Laf vun dësem Joer eng Ebauche op d'mannst an enger Aarbechtsgrupp am Gemengerot diskutéiert gëtt. Mer si scho ganz wäit virukomm an ech géif och mengen, datt mer et dëst Joer kënnen am Gemengerot diskutéieren. Ech muss awer virausschécken, datt mer och nach mussen Diskussioune féieren um Niveau vum Ëmweltministère och um Niveau vun der „Commission de l'aménagement" vum Inneministère. Ech hunn de Moien nach mam Här Goedert geschwat an him gesot, datt mer eis an deem Kontext nach wäerten dëst Joer treffen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt just froen ob dat hei dee leschte Remboursement vun der Krankekeess ass fir déi nächst Period oder ob nach weider rembourséiert gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also, de „statut unique" kënnt jo eréischt 2009. Dat heescht, datt mer 2008 nach wäerte Recetten hunn. Mer hunn och am Budget eppes méi wéi 300.000 Euro stoen, wat eng generell Moyenne ass vun deem, wat mer an deene leschte Jore kruten, esou datt ech dervun ausginn, datt och am Joer 2008 nach Recette wäerten op eis duerkommen.

Approbation à l'unanimité.

4.2.1.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires. Réfection et reprofilage de diverses rues et divers chemins de la commune – approbation du décompte.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm d'Aarbechten, déi 2007 gemaach goufen. Mer haten 100.000 Euro am Devis stoen, mee mer hunn awer nëmme fir 42.522,12 Euro Aarbechte gemaach, an dat haaptsächlech an der Parkstrooss. Der hutt och op de Säiten duerno Erklärungen iwwer déi Aarbechten, déi do gemaach goufen. Do gouf nëmmen déi Strooss gemaach an doduerch leien d'Ausgabe bei 42.522,12 Euro obwuel mer 100.000 Euro virgesinn haten. Mer maachen elo den Dekont a fir 2008 hu mer en neie Kredit. Mer maachen och elo all Joer den Dekont vun den Aarbechten, déi an deem Kontext gemaach ginn.

Carlo Gira (CSV):

Et steet do, datt et méi deier gi wier well net all Deckele konnten detektéiert gi well Autoen drop stoungen. Mee esou wäit ech mech kann erënneren ass dat Netz jo emol gemooss an digitaliséiert ginn. Ass dat net esou? Kann een net an deem Kader eng Opféierung maachen, esou datt een net bräicht an d'Stroossen ze goen. Dann hätt ee jo déi Donnéeën.

Roland Breyer, Schäffen:

Mär hunn eng Opstellung, genannt S-Bild, mee dat sinn awer haaptsächlech d'Netzer, déi am Buedem leien a wou se genee sinn. Do kéinten d'Deckelen och siichtbar sinn, mee se ginn net ëmmer ganz kloer festgeluegt well se net am Stroosseplang mat agezeechent sinn. Mer wëssen, datt, wa mer se siche ginn, mer se och erëmfannen. Mee hei war et e bësse méi séier gaangen. Mer hu ganz séier mussen déi Period erausfannen, wou d'Wieder optimal war fir déi Aarbechten ze maachen. An do ass da wahrscheinlech net genee gekuckt ginn. Mer kéinten dat awer erausfannen duerch déi Pläng, déi mer hunn. Et sinn der och deelweis mat Macadam zou.

Approbation à l'unanimité.

4.2.2.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires. Remplacement du transformateur à l'école «An Eigent» à Pétange – approbation du décompte.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer do eng Kéier Problemer haten a mer hei am Gemengerot entscheet hunn, deen op eng aner Plaz ze setzen. Déi Aarbechte sinn 2005 gemaach ginn. Do hate mer en Devis vun 64.665,59 Euro. Mer hunn Ausgabe vun 51.059,15 Euro, dat heescht, datt mer ënner deem Devis louchen, dee mer gestëmmt hunn hei am Gemengerot.

Approbation à l'unanimité.

5.1.

Propriétés.

Echange d'une emprise et d'une contre-emprise sise à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp » avec la société BALDUR S.A., de Alzingen - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer hate schonn den 19. September 2007 e Compromis geschriwwe mat der „Société Baldur SA" fir en Terrain.

Albert Muller (LSAP):

An der éischter Rei steet „Vu un compromis en date du 19.09.2007, ayant pour objet l'échange" an da kënnt „la cession". Ech géif proposéieren, do nëmmen „échange" ze schreiwen.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Propriétés.

Echange d'une emprise et d'une contre-emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit « Rue de la Providence » avec M. et Mme Domenico Netti-Ravelli de Lamadelaine et l'administration communale - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei si mer an der selwechter Logik. Den Acte ass den 16 Januar 2008 geschriwwe gi beim Me D'Huart.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Propriétés.

Cession, d'une emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit « rue des Prés » par M. et Mme Joseph Schwab-Streff de Pétange - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei sinn et 2 Centiar, déi gratis an d'Netz vun der „voirie publique" iwwer ginn.

Approbation à l'unanimité.

5.4.

Propriétés.

Acquisition, de deux terrains boisés sis à Lamadelaine, lieu-dit

« Oberst Blenken », de la part de MM. Robert Berg de Niederkorn, Paul Berg de Machtum et Jules Berg d'Echternach - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm e Compromis, deen den 18. Juli 2007 geschriwwe ginn ass. Dat Ganzt huet eng Fläch vun 35 Ar an 60 Centiar. Dat ass d'Approbatioun vum Acte.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt just soen, datt „Oberst Blenken" no beim Train 1900 läit.

Approbation à l'unanimité.

5.5.

Propriétés.

Acquisition, de la part de M. Emile Spiroux et Mme Pauline Felten de Rodange, de M. Robert Felten et Mme Christiane Schmitz de Rodange, de M. Serge Felten der Merscheid, de M. Gilles Felten de Soleuvre, de deux places et d'un terrain sis à Rodange, lieux-dits « Rue de la Minière » et « Au Doihl » - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et och ëm d'Approbatioun vun engem Acte. Et geet ëm en Terrain mat enger Fläch vun 28 Ar 85 Centiar, deen an de Parking fir eise PiKo integréiert gëtt. Dat Ganzt huet sech gemaach fir e Präis vun 145.000 Euro.

Approbation à l'unanimité.

5.6.

Propriétés.

Acquisition, de la part des sociétés « Les Résidences » S.A. de Strassen et « Thomas & Piron » S.A. de Our (Belgique), de locaux en futur état d'achèvement et de terrains sis à Pétange, lieu-dit « In den Azingen » en vue de l'implantation d'un centre psycho-gériatrique - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir Häre, dat hei ass eng „décision de principe". De Compromis ass den 19. Dezember 2007 geschriwwe ginn. Mer wëllen an engem Gebai, wat do gebaut gëtt, e gewëssene Prozentsaz vun der Fläch kafen. Dat si Lokaler vun 102,8 Quadratmeter, eng Terrass vun 46 Quadratmeter, dräi duebel Parkplazen am Sous-sol. Alles dat soll an engem sougenannte Senior-Hotel integréiert sinn. Mer kafen dat of vun „Les Résidences" vu Stroossen an „Thomas & Piron" vun Our (Belsch). Hei sollen duerno 15 Persounen an Zesummenaarbecht mat „Hëllef doheem" – déi dat herno solle verwalten - betreit ginn. Et kascht eis am ganzen 491.301 Euro mat der TVA.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann ech jo elo gutt verstanen hu ginn déi 102,8 Quadratmeter, déi mer do kaf hunn, vun „Hëllef doheem" verwalt. Well déi kafe jo och nach 260 Quadratmeter. Dat heescht, datt déi just d'Gestioun dovunner kréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, si kréien d'Gestioun dovunner. Dat Ganzt gëtt jo den „Centre psycho-gériatrique". Dat ass jo och vill méi grouss an huet iwwer 300 Quadratmeter. An dovunner si jo 102,8 Quadratmeter der Gemeng hir.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer sinn dëse Wee gaange well mer schonn eng Kéier hei am Gemengerot virun net esou laanger Zäit esou eng Diskussioun haten am Kader vun engem anere Projet a well mer net op de Wee vun engem Subsid gaange sinn. Wat allerdéngs d'Stëftung „Hëllef doheem" virgezunn hätt. Dee Projet gëtt och zum Deel vum Familljeministère gedroen. Se wieren och frou gewiescht, wa mär e Subsid ginn hätten. Mee well mer awer scho virdrun am Gemengerot gesot haten, datt mer léiwer deen anere Wee géife goen an als Konterpartie eng Valeur hätten, hu mer gesot, mer géifen deen Deel vun däer Parzell kafen, deen ongefeier an der Héicht vun dem Subsid léich dee mer géifen an esou e Projet investéieren. Opgronn vun deene Berechnungen, déi mer hei virleien hunn, sinn dat eben déi 102,8 Quadratmeter an och déi Terrass plus am Keller sechs Parkplazen. Dat bedeit awer ganz kloer, datt mär dat en vue vun deem „Centre psycho-gériatrique" kaf hunn an déi dat och zur Verfügung gestallt kréie fir e symboleschen Euro. An dat, esou laang se déi Aktivitéiten op dëser Plaz maachen.

Dat gëtt eis als Gemeng och d'Méiglechkeet, wann d'Stëftung „Hëllef doheem" eng Kéier entscheet, deen Zenter net méi ze féieren, mär als Gemeng déi Fläch zeréckkréien an da kënnen entscheeden, wat mer domat maachen. Et ass awer och esou, datt esou wuel d'Stëftung „Hëllef doheem" ewéi och d'Gemeng deenen anere Partner e Virkafsrecht op deem Niveau gelooss hunn. Dat heescht, wann dat do elo net méi géif realiséiert ginn, da géife mär hir Partie, oder si eis Partie, iwwerhuele fir aner Zwecker, déi da missten definéiert ginn. Mer hunn awer eng Valeur zur Dispositioun als Gemeng, an dat war den Zweck dovunner.

D'Ariichtung bannenan, déi geschitt am Sënn vun de Bedierfnesser vun deem Zenter. Der gesidd och op ärem Plang déi Partie, déi mär kréien. Et sinn och do keng Wänn agezeechent. Wann een do misst eng Kéier trennen, da misst een d'Wänn natierlech zéien.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat elo de „Plans et cahier des charges" vun Thomas& Piron ugeet. Ech vermëssen de Saz, datt si dem Keefer och eng Informatioun gi wa si wéilten Ännerunge maachen. Dat steet net esou dran. Do steet „...se réserve le droit d'apporter à tous moments des modifications aux plans et au cahier des charges...à la condition que ces modifications ne nuisent en rien à la stabilité et à l'esthétique du bâtiment et maintiennent la qualité des matériaux à mettre en oeuvre et les performances techniques initiales". Ech hätt léiwer gehat, et hätt e Saz dra gestan, datt d'Gemeng géif informéiert gi wann eng Ännerung misst virgeholl ginn. Dat geet hei net eraus.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn an deem Kontext mat der Stëftung „Hëllef doheem" ganz kloer definéiert, datt mer Techniker mat op d'Plaz schécken, déi e Suivi maachen esou datt mer dat och ënner Kontroll hunn. An ech mengen, dat geet jo och wierklech nëmme wann e Besoin ass a wann duerch iergendwellech technesch Problemer d'Gebai liicht muss geännert ginn. Et si ganz vill Promoteuren, déi sech d'Méiglechkeet virbehale fir do eng kleng Ännerung ze maachen, déi awer aus technesche Grënn noutwenneg ass. Se mussen natierlech kënne beleeën, datt et och aus techneschen Ursaachen ass. Et geet net, datt si einfach en Zëmmer kënne méi kleng maache wann et net technesch Grënn gëtt. Mee déi meescht Promoteure loosse sech do eng hënnescht Dir op fir esou Klengegkeeten.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hätt mer zwar gewënscht, datt wéinstens ee Saz dra gestanen hätt, datt d'Gemeng och informéiert gëtt wann esou Saache virkommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also mer hoffen emol, datt mer dat esou genee kontrolléieren, datt mer och matkréie wann do Ännerungen ustinn. Mer si jo och bei de Bespriechungen um

Schantjen derbäi. An da kréie mer jo mat, wann eppes geännert muss ginn, wa Problemer bestinn. Mer kënnen awer och fuerderen, datt mer regelméisseg Rapporte kréie vun deene Visiten um Schantjen. Dorop hale mer. An da kënne mer jo op op alles reagéieren. Mee et ass scho richteg wat der sot, an zwar, datt mer do um Ball musse bleiwen net datt do eppes ouni eist Wëssen eppes geännert gëtt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wann ech d'Pläng hei kucken, da kann ech mer och net virstellen, datt vill do soll geännert ginn. Wat ech mer kéint virstellen, dat wier, datt et op Wonsch vun „Hëllef doheem" geschitt, datt si eventuell e Besoin hu fir alles kënnen ze geréieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn et just esou gesinn, datt de Schäfferot soll informéiert ginn an een net duerno sech froe muss, wou dat dann hierkënnt.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei kënn een och nach soen, datt am Mee oder Juni mat den Aarbechten ugefaange gëtt, wat jo och eng gutt Saach ass. Do hänkt jo och nach e weidere Projet hannendrun, an zwar de Projet vun der Place de la Libération, déi mer wëlle frësch maachen. Dat hu mer jo och schonn hei am Gemengerot gestëmmt. A mer fänken net domat u bis deen heite Projet esou wäit fäerdeg ass, datt en däer Plaz net schuet wa mer déi gemaach hunn. Mee d'Baugenehmegung ass awer nach net eraus.

5.7.

Propriétés.

Vente, à M. et Mme Nau-Leches, de Rodange, d'un terrain communal sis à Rodange, lieu-dit «Au Jardin» - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat Ganzt ass 27 Centiar grouss a kascht 202 Euro.

Approbation à l'unanimité.

5.8.

Propriétés.

Vente, à des riverains, d'un terrain communal (20 parcelles) sis à Pétange, rue Guillaume - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei sinn et am ganzen 20 Parzellen, déi mer fir 11.070 Euro verkafen. De Präis vum Ar beleeft sech op 750 Euro. Wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet geet et hei ëm eng Residenz. Et ass scho méi eng al Geschicht a mer si frou, se elo fäerdeg ze hunn an datt d'Leit averstane ware fir déi Parzellen ze kafen.

John Polfer (CSV):

Ech si frou, datt dat do an d'Rei gaangen ass fir déi Leit. Mee viru laange Jore war jo och Rieds dervun, de Rescht hannendrun an d'Rei ze setzen. Weem gehéiert dat dann ? Ass do nach eppes virgesinn oder net ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat gehéiert eis net. Et gehéiert zu engem Deel engem private Betrib, engem grousse Geschäft hei zu Péiteng. An deen aneren Deel gehéiert enger Firma, déi am Beräich vum Botzen täteg ass. Ech muss eech awer heizou soen, datt eppes amgaang ass sech ze beweegen. Viru kuerzer Zäit louch esou eng Zort Virprojet um Dësch fir do en Arrangement ze maachen. An deem Kontext hate mer dee leschte Mëttwoch am Schäfferot eng éischt Ebauche virleien, well et ass eng Privatinitiativ, déi direkt näischt mat der Gemeng ze doen huet.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass schonn en Deel vu menger Fro beäntwert ginn. Ech komme jo och aus deem Eck do. Viru Joren ass schonn an deene Stroossen do, an och an deenen, déi ronderëm leien, dervunner geschwat ginn, eng Cité tëscht der rue Marie-Adelaïde an der rue Guillaume ze bauen. Eben op deem Terrain. Et ass also net auszeschléissen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Auszeschléissen ass et net, dat läit am Bauperimeter. De Gemengerot wäert sech jo och domat befaasse wann do eppes géif realiséiert gi well jo e PAP misst gemaach ginn. Am Kader vun deem PAP misst een dann doriwwer diskutéieren. Et ass jo relativ nei. An ech muss eech soen, datt dee Punkt e Mëttwoch um Dësch leie wäert am Schäfferot fir ze kucken, ob dee Virvirprojet ze realiséieren ass oder net.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wiere mer dann net besser berode gewiescht wa mer déi Parzellen, déi mer de Leit elo verkafen, behalen hätten?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Eigentlech net, well dertëscht läit nach en aneren Terrain dee fir de Moment an enger éischter Ebauche net considéréiert ass. Dobäi kënnt och nach, datt déi Terrainen hannendrun esou schmuel sinn an ee jo awer muss eng gewëssen Distanz loossen zu deenen Haiser aus der rue Guillaume. Dat kënnt hinnen natierlech elo zegutt, datt se deen Terrain nach derbäi hunn. Well elo ass natierlech deen Ofstand tëscht deenen hiren Haiser a Gäert an deem, wat hei eventuell projezéiert ass méi grouss, méi raisonnabel wéi wann een och op deenen Terrainen nach eppes géif maachen. Well da wiere mer awer ganz no bei d'Haiser aus der rue Guillaume koum.

Romain Becker (Déi Gréng):

Da mécht dat natierlech Sënn, datt mer de Leit deen Terrain, dee mer als Gemeng esou laang haten, verkafen. Well mer jo och wëssen, datt do eppes Gréisseres soll geschéien. Elo hutt der eech jo verroden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Net verroden. Ech mengen, deen Terrain hei an d'Vente gaangen an déi Compromisë si scho virun engem Joer gemaach ginn. Deen éischten ass nach ënner dem Här Klein, wéi hien nach Buergermeeschter war, gemaach ginn am Joer 1999. Déi Iwwerleeung fir de Leit dësen Terrain ze ginn ass eigentlech onofhängeg vun deem wat do kéint realiséiert oder gemaach ginn. Ech soen eech et jo, datt déi Zort Virprojet eréischt virun 14 Deeg an d'Gemeng erakoum. Ob en iwwerhaapt ëmzesetzen ass, dat weess kee Mënsch. An dee gëtt elo fir d'alleréischt eng Kéier deen nächste Mëttwoch am Schäfferot virgeluegt. Meng Kollegen aus dem Schäfferot kennen en emol nach net. Mer sinn also nach ganz wäit vun enger Realisatioun ewech. A wéi mer de Leit deen Terrain ginn hunn, do war nach iwwerhaapt net Rieds vun dëser Saach. Also ech wousst ob alle Fall näischt dovunner.

Roger Klein (LSAP):

Ech wëll dat just bestätegen, datt déi Diskussioune mat de Leit, déi d'Terraine wollte kafen, 10 Joer zeréckleien. Déi waren an den nonzeger Joren u mech erugetruede well do Gerüchter waren, datt do e Parking sollt entstoen. D'Gemeng hat jo deemools déi ganz Sträif bis un d'Eisebunn erun. Do waren déi Leit e bëssen opgereegt. Ech hunn deene Leit selwer virgeschloen, déi Parzellen hanner de Gäert ze kafen an an hiren „domaine privé" ze integréieren. An dat sinn Diskussiounen, déi zënter deemools lafen. Ech hunn och mat Staune festgestallt, datt de Präis, dee

mer deemools virun 10 Joer proposéiert haten, nach gefrot gëtt. Esou datt een op d'mannst ka soen, datt eppes an der Gemeng stabil bliwwen ass. A wann et esou laang gedauert huet, dann ass dat och doduerch well d'Leit sech net ëmmer eens waren, ween dann elo wat wéilt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat ass awer dann e groussen Zoufall.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Där kënnt dat esou gesinn ewéi der et gesidd. Mee ech kann eech vergewësseren, datt ech vun deem Projet hei eréischt zënter 14 Deeg weess. A wann ech kucken, wéini mer de Compromis gemaach hu beweist schonn eleng, datt et vill méi al ass a meng Kollegen an ech näischt do woussten.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

De 4. Mee an den 11. Oktober 2006 sinn d'Compromisë gemaach ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An dat huet jo och gedauert well déi Terrainen hu jo och missen ausgemooss ginn. Zu deem Zäitpunkt wousst ech glat a guer näischt vun esou engem Projet.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn déi Saachen all duerchgekuckt. Déi Terrainen, wou een Centiar Differenz ass, leien all bei 7 Euro, just een, dee kënnt op 8 Euro.

(Nicolas Majeres, Sekretär : Dat ass en „arrondi".)

Approbation à l'unanimité.

5.9.

Propriétés.

Cimetières: vente de concession de sépultures et de columbariums - 2e semestre 2007 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass jo och eng normal Saach, datt d'Leit gäre Griewer kafen. Mer hunn dräi normal Konzessiounen a mer hunn och nach véier Kolumbarien, déi mer u verschidde Famillje verkafen. D'Kontrakter sinn dat 2. Semester 2007 ugelaf.

Approbation à l'unanimité.

6.1.

Personnel.

Création de deux postes dans la carrière de rédacteur (m/f) et suppression d'un poste d'expéditionnaire technique - décisions.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn hei am Organigramm e puer kleng Changementer virzeschloen. Der wësst, datt de Sekretär an de Receveur eis matzäite matgedeelt hunn, datt se dat anert Joer wëllen a Pensioun goen an datt mer do ugefaangen hunn, Remplacementer ze sichen. An an deem ganze Karussel, wat do geschitt ass – d'Explikatiounen hutt der och hannendrun hänken – hu mer jo och d'Remplacementer fonnt. Esou gutt fir de Sekretärs- ewéi och fir de Receveursposten, an dat duerch den Här Kimmes an den Här Schmit. Op däer aner Säit hu mer och intern en Appell gemaach, ween drun interesséiert wier fir den Departement vun den „Ressources Humaines" an de Finanzdepartement ze iwwerhuelen. Do hu sech och zwee Leit gemellt, déi dat iwwerhuelen. De Mike Braun wier den zukënftege Chef vum Personal an den Här Thierry Balance wier deen, deen de Sacha Schmit géif ersetzen. Do ass dann nees en Appell gemaach gi fir déi Plazen ze besetzen, mee se konnten net all besat ginn. Mer behalen en eidele Stull wat den Ëmweltberoder ugeet.

Och am Accueil sinn och Changementer virgesinn. D'Martine Clement wëll an de Biergerzenter wiesselen. Hatt gëtt ersat duerch den Här Patrick Wagner aus em Ëmweltdepartement. Dobäi kënnt nach, dach verschidde Leit wëllen anescht schaffen. D'Sylvie Majeres huet seng Tâche ëm e Véirel erofgesat krut. D'Myriam Muller huet awer eng Opwäertung vun senger Tâche ëm e Véirel gefrot, esou datt dat sech awer ausgläicht. Et kënnt dann nach derbäi, datt d'Francine Gaspar och geschwënn an d'Pensioun geet. D'Maria Agostino an d'Sandra Deischter kréien eng Véirelstâche deweider an d'Sandra Del Cotto huet eng hallef Tâche, esou datt dat och opgefëllt gëtt.

Also e ganze Koup Changementer, wou mer elo d'Enn gesinn. An dat heescht elo, datt mer zwee Redaktesch-Posten ausschreiwe well déi eenzel Plaze jo duebel besat musse gi well deen een ugeléiert muss ginn. Bis zum Départ vum Sekretär vum Receveur brauche mer zwee voll Redaktesch-Posten, déi duerno nees wäerten aus dem Organigramm verschwannen.

Wat de Poste vum „expéditionnaire technique" ugeet vum René Schaul, dee gëtt net méi ersat well mer e jo schonn am Viraus duerch en administrative Beamten ersat hunn.

Summa summarum biede mer eech, elo zwee Posten ze schafe fir Redakteren am Statut vum Gemengebeamten, déi dann nees verschwanne wann de Sekretär an de Receveur an d'Pensioun ginn. Mer hunn den Avis vun der Beamtendelegatioun virleien, déi de Schäfferot fir d'Wäitsiicht felicitéieren a fir och ze hëllefen, datt deen Iwwergang esou gutt wéi méiglech geschitt. De Gemengerot ass elo opgefuerdert, fir d'éischt déi zwee Posten ze schafen an dann de Poste vum „expéditionnaire technique" ze supprimëieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat war et zur Aleedung vun deene Mouvementer do, déi als Haaptzil de fléissenden Iwwergang an déi nei Situatioun, wann de Sekretär an de Receveur eis verloossen, hunn. Esou datt d'Aarbechte kënne gutt virugefouert ginn an eiser Verwaltung. Mer wësse jo och alleguer, datt e Redakter an den INAP muss goe fir d'Formatioun an esou kënne mer dat och offiederen.

Albert Muller (LSAP):

Op der Säit 148, am zweetleschten Abschnitt steet, datt de René Schaul als „expéditionnaire administratif" do genannt gëtt, mee hien awer en „expéditionnaire technique" war.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ännere mer dann.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt zwou Froe stellen. Esou wéi deen Text hei opgesat ass, brauche mer do net ze schreiwen „à durée déterminée" ? Well mer jo och drënner stoen hunn „... postes qui seront supprimés de nouveau au moment du départ". Wéi ass et mat der Ausschreiwung ?

Roland Breyer, Schäffen:

Se fléisse jo an den Organigramm eriwwer. Et ginn der jo zwee fort. Déi do kréie jo eng definitiv an déi aner ginn net méi ersat. Dat heescht, datt den Effektiv net an d'Luucht geet, mee mer huelen der just ee Moment zwee beieneen.

Carlo Gira (CSV):

Ech wëll just eppes zum Organigramm soen. Do steet och „Il faudra essayer de trouver de préférence quelqu'un avec une formation spécifique comme conseiller écologique et comme conseiller en matière de consommation d'énergie ". Ech géif dem Schäfferot do un d'Häerz leeën, datt e Fachmann soll dohinner komme well mer jo elo d'Chance hunn, fir esou ee kënnen ze kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech wëll virausschécken, datt den Här Braun sécherlech eng ganz wäertvoll Aarbecht gemaach huet a sécherlech de richtege Mann op der richteger Plaz ass. Mer sinn eis awer bewosst, datt mer an däer Hisiicht sécherlech neierdéngs nei Formatiounen hunn, déi vläicht zu däer Zäit, wou den Här Braun ugefaangen huet, nach net bestanen hunn. Mer hoffen awer, datt esou een sech do mellt. Et ass awer fir eng Redaktesch-Carrière, keng Universitairescarrière. Mee ech sinn iwwerzeegt dovunner, datt deen een oder anere sech fënnt, deen interesséiert ass well et einfach en interessante Posten ass, deen op en zoukënnt a well jo och de Salaire als Redakter net esou schlecht ass fir datt och en Universitaire sech an däer Carrière erëmfënnt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt genee dat selwecht froen a wéilt eech awer mat op de Wee ginn, net bei der Carrière vum Redakter ze bleiwen. Et ass scho gutt, wa mer en Energieberoder kréie well et ass eppes, wat ech schonn eng laang Zäit hei am Gemengerot fuerderen. Ech géif eech awer un d'Häerz leeë fir op de Wee vun engem Universitaire ze goe well déi, déi vun der Uni kommen, méi am Fach ass wéi e Redakter, deen dat alles muss a Coursen opschaffen respektiv, deen hei och nach Préposé vum ganzen Ëmweltamt ass. Deen huet net nëmmen Zäit fir als Energieberoder ze fungéieren. En Energieberoder verstinn ech net nëmme fir d'Gemeng mee och een, dee fir d'Leit do ass wann si Froen hunn a fir hinnen ënner d'Äerm ze gräifen an ze hëllefe wann si wëllen Energie spueren. Ech mengen, mer mussen dofir suergen, datt emol haaptsächlech d'Gemengegebaier musse manner Energie verbëtze respektiv méi Energie spueren. An dofir géif ech eech un d'Häerz leeën, awer en Universitaire ze huelen. Ech weess, datt dat schwéier ass hei an der Gemeng. Mee aner Gemengen, déi en Energieberoder hunn, hunn en Universitaire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech kennen net vill Gemengen, déi en Universitaire agestallt hunn. Ech géif déi och gären héiere wat fir Gemengen dat sinn. Am Ableck hu mer zwee Universitairen hei. A mer wäerten eng vun deene Gemeng sinn – wann ech emol d'Stad Lëtzebuerg an Esch ewech loossen -, déi sécher mat déi meescht hunn. Datt et vill méi wéi zwee Universitairen op enger Gemeng gëtt, dat bezweiwelen ech.

Dat virausgeschéckt well ech awer op de Punkt vum Energiespueren agoen. Do gëtt et jo neierdéngs e Ministère, deen och e Pass ausschafft a wou et och vill Berodung op nationalem Plang gëtt a wou ech och mengen, datt dee Volet an Zukunft wesentlech vun de staatlechen Instanzen ofgeséchert wäert sinn. Esou datt mär dat als Gemeng sécherlech och nach derbäi sollen hunn, mee datt et net méi prioritär eng Aufgab vun der Gemeng soll si well se jo vun dem Staat ofgedeckt gëtt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat kann ech net esou deelen, well mer als Gemeng jo nach ëmmer fir eis Bierger sollen do sinn, hinnen hëllefen an hinnen net soen, datt de Staat da mécht a mär eis net drëm këmmeren. Mer däerfen déi Saachen net alleguer un d'Ministèren, un de Staat oftrieden. Dat ass nach ëmmer eis Aufgab als Gemeng fir no beim Bierger ze sinn an him ze hëllefen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do si mer vläicht anerer Meenung. Ech sinn der Meenung, datt ee soll d'Kompetenzopdeelung gesinn a mer si jo och amgaang, déi opzedeelen. Ech sinn net der Meenung, datt alles soll sechs Mol gemaach ginn. Wa mer eis dofir entscheeden, datt d'Gemengen dat sollen iwwerhuelen, dann hunn ech och kee Problem domat wann d'Gemengen déi noutwenneg finanziell Mëttele kréie fir dat ze maachen. Mee de Moment gi mer éischter an déi Richtung, datt dat do soll eng staatlech Aufgab gi well de Staat sech däer Saach ugeholl huet. Dofir sinn ech der Meenung, datt mer als Gemeng net dohinner solle goen an dat selwecht nach eng Kéier maachen. Da solle mer dem Staat dat iwwerloossen a kloer soen, wat d'Aufgab vun der Gemeng ass. An da soll déi dat och maachen. A mer sollen och kloer soen, wat fir eng Aufgab de Staat soll maachen, an da soll hien dat maachen. D'Finanze sinn net esou dichteg, datt een alles soll e puer Mol maachen. Et soll ee kloer soen, ween sech ëm wat këmmert. A wann dat eng Kéier festgeluegt ass, da solle mer eis och dorunner halen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Nach ee Wuert an dann hale mer op. Da géif ech eech awer un d'Häerz leeën, datt mär als Gemeng solle beim Staat intervenéieren an e froe fir eis ze hëllefe manner Energie ze verbëtze respektiv méi Energie ze spueren. Da kéinte mer eis als Gemeng awer och un de Staat wende fir Hëllef ze kréien. Well wat mer an der Budgetsdiskussioun gesinn hunn, dat ass net ideal.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do sinn ech och net mat eech averstanen, datt mär Energie hei verbëtzen. Ech gesinn dat elo net. Där verwiesselt do vläicht zwou Saache mateneen. Wann d'Energiekäschten eropgaange sinn, dann ass dat wéinst der Deierecht vun der Energie, déi jidderee kennt. Jiddereen, deen doheem säi Budget kuckt, gesäit, datt alles méi deier ginn ass. Et huet näischt domat ze doen, datt mer méi Energie verbrauchen. Am Géigendeel, mer hunn eng Niddregenergie-Sportshal opgeriicht, mer hunn eng Schoul a Form vun engem Passivhaus gemaach. Dat heescht, mer hu ganz vill Efforte gemaach op deem Gebitt a mer wäerten och beim Bau vun der neier Crèche op dëse Wee goen. Mer brauchen net vun engem Staat virgeschriwwe kréien, wat mer solle maache fir Energie ze spueren. Mär sinn um gudde Wee. A wann et eech vläicht net séier genuch geet, esou muss ech eech awer soen, datt mer an deene leschte Jore vill dorunner geschafft hunn. An ech sinn net domat averstane wann et heescht, mär géifen Energie verbëtzen. Dat loossen ech net esou am Raum stoen.

Romain Becker (Déi Gréng):

An owes wa kee méi um Fussballsterrain ass an d'Spotten déi ganz Nuecht u sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass sécherlech eng Ausnam an da musse mer klären, ween do responsabel ass. Ech gesi vu mengem Büro doheem op den Doihl-Terrain, an ech kann eech versécheren, datt ech bis elo nach net dacks gesinn hunn, datt nuets do d'Luuchte géife brennen. Wann dat esou ass, da gitt eis den Dag eran, wou dat war, an da wäerte mär mat deene Responsabele vun dem Fussballsterrain schwätze firwat dat esou ass. Mee ech mengen, et soll een dat net verallgemengeren an et soll een dofir net soen, datt mär géifen Energie verbëtzen. Wann dat esou war, dann ass eventuell e Problem gewiescht oder en Ëmstand dorunner Schold, dee mär als Gemengeverantwortlech awer net mat droe wëllen. Mee et kann een awer dowéinst net soen, datt mär Energie verbëtzen. Dann ass sécherlech eng aner Ursaach do, an da musse mer dat préiwen. Mee et kann een awer net einfach soen, datt dat do Energieverschwendung ass an deem Sënn, datt d'Gemeng net genuch Efforte mécht fir Energie ze spueren. Effektiv wann dat esou ass, da musse mer dat kontrolléiere well mer dat och net kënnen toleréieren.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Personnel.

Création de deux postes d'ouvriers à temps partiel (m/f) comme surveillants dans le bus scolaire - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Firwat schafe mer hei zwee Posten? Et ass net esou, datt mer méi Leit brauchen, mee et ass esou, datt déi éischt Dame – d'Madame Nicole Hensmanns – als Privatbeamten agestallt war. Duerno hu mer alleguer déi Leit, déi an deem Service geschafft hunn, am Kader vun dem Aarbechter-kollektivvertrag engagéiert. An dat ënner engem Artikel, deen „aide-éducateurs" heescht am Kollektivvertrag vun de Südgemengen. Am Kader vun däer Carrière hu mer déi Leit engagéiert. An elo, wou d'Madame Hensmanns a Pensioun geet, hu mer vun der Geleeënheet profitéiert, fir deen eenzege Posten, dee mer nach am Statut vun engem Privatbeamten haten, ëmzeänneren an en Aarbechterstatut. Och well d'Bezuelung an däer Carrière nach besser war wéi déi, déi d'Madame Hensmanns hat. A mer hu schonn hei am Gemengerot eng extra Rallonge stëmme fir déi zwou Carrièren openeen ofzestëmmen. Dat heescht, datt mer elo zwou Saache musse maachen. Mer wäerten dee Posten an en Aarbechter-statut ëmänneren a mer wäerten awer och aus deem Poste vun 30 Stonnen zwee Poste maachen, an zwar ee vun 20 an ee vun 12 Stonnen.

Der wësst och, doduerch datt mer d'Sportshal an d'Schwämm zu Rodange hunn, mer op Péiteng an op Rodange fueren. Doduerch huet sech och muenches am Schoultransport geännert. Mer brauche méi Bussen, mee mer bauche manner dacks Leit, an dofir schloe mer eech vir, aus deem enge Posten der zwee ze maachen, esou datt mer méi Leit zu engem gewëssen Zäitpunkt zur Verfügung hu wa mer se brauchen an se och da kënnen asetzen. Op däer aner Säit muss een awer och soen, datt déi 30 Stonne vun der Madame Hensmanns doduerch bedéngt waren, datt si während Joren an der Mëttesstonn och nach an der Kantin geschafft huet. Dat ass jo elo net méi de Fall zënter mer d'„Maison relaisen" hunn.

D'Delegatioun ass och favorabel wat dës Entscheedung ugeet, well hei och jiddereen d'selwecht behandelt gëtt.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn nëmme just eng kleng Bemierkung. Wann der an der fënneften Ofschnëtt kuckt, do steet „dans la carrière de l'aide-moniteur" an ënne schreiwe mer dann „aide-éducateur".

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir mech ass et „aide-moniteur".

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'éinescht iert mer erakoumen hunn ech, well ech och meng Bedenken hat, nach eng Kéier nogefrot a krut vum Här Kimmes gesot, datt dat „aide-éducateur" wier.

Jeannot Linden (LSAP):

Et muss jo awer ee vun deenen zwee Ausdréck falsch sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Kollektivvertrag ass op Däitsch, domat geet et jo schonn un. Mer setzen dat zeréck an ech soen dem Sekretariat Bescheed, datt se dat sollen nokucken, esou datt eis Ofstëmmung hei conforme ass zu deem wat am Kollektivvertrag steet.

(Nodeems de Punkt 6.3. gestëmmt gouf)

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer kommen also op dëse Punkt zeréck an et ass elo gekläert ginn. Et ass ganz kloer „aide-moniteur" wéi ech gesot hat an net „aide-éducateur", esou datt mer alles si loossen. Just bei „décide de créer dans la carrière de l'aide-moniteur, tel que prévu dans la convention collective des ouvriers des communes du Sud, les deux postes d'ouvriers à temps partiel".

Accord à l'unanimité.

6.3.

Personnel.

Création d'un poste d'aide-éducateur à temps partiel (m/f) pour les Maisons Relais – décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi mer eis nei „Maison relais " zu Rodange opgemaach hunn, do hate mer 99 Plaze fir d'Kanner autoriséiert krut vum Familljeministère. An däer neier Konventioun hunn se eis elo 109 Plaze ginn, esou datt mer eist Personal elo och do mussen opstocken. Mer brauchen u sech nach en „aide-éducateur en surplus" fir 19 Stonnen an der Woch. Dofir géif ech eech bieden, dëse Posten ze stëmme fir datt mer och do kënnen eis Kanner richteg a Gruppen andeelen.

Carlo Gira (CSV):

Ech weess, datt déi Saach komplizéiert ass well d'Kanner ënnerschiddlech bezuele mussen, sief et just iwwer Mëtteg oder och fir de ganzen Dag. Mee lafe mer do net d'Gefor, datt et duerch déi vill kleng Posten e groussen „va et vien" gëtt ? Ech kenne mech net esou gutt an däer Matière aus. Mee hätt een net engem, deen 13 Stonnen huet, der nach 11 derbäi kënne ginn, esou datt deen dann eng hallef Tâche hätt. Dat wier jo awer vläicht méi interessant.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et sinn 19 Stonnen.

Carlo Gira (CSV):

Bei Rolleng steet 11 Stonnen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mär kréie jo e gewësse Package vum Staat operluegt an deem mär eis bewege musse wat d'Opdeelung vun de Stonnen ugeet. Deemno wéivill Kanner mer iwwer Mëtteg hunn, wéivill der moies kommen a wéini se owes ofgeholl ginn, musse mer se – och altersméisseg - a Gruppen andeelen an dofir ass dat hei déi allerbeschte Léisung fir enger Persoun 19 Stonnen ze ginn. Ech hu mech mat der Madame Hermann ofgeschwat. Dann hu mer och e wéineg méi Flexibilitéit. Well mer mussen der jo och hunn, déi d'Kanner bei d'Schoule siche ginn, déi mat hinnen turne ginn. An dofir brauch een heiansdo e bësse méi Personal

Carlo Gira (CSV):

An et ass net sënnvoll fir en anere Posten opzestocken?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, dat ass net sënnvoll.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et gi Momenter, wou ee méi Leit op enger Plaz brauch, an do hëlleft et engem och net, wann een owes méi spéit Leit derweider huet. Besonnesch an der Mëttesstonn, wou mer der méi hunn an der Kantin.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Owes vun enger gewësser Zäit u brauch een der jo och manner, well et gi jo scho Kanner am Laf vum Nomëtteg heem. An da sinn der jo manner do. Esou Stonne sinn dann ideal.

Carlo Gira (CSV):

Dat ass mer bewosst, mee ech hat geduecht, et wier ideal fir opzestocken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Op alle Fall ass dat laut den Techniker net ze recommandéieren. Mer propo-séieren eech dofir och 19 Stonnen. Et muss een och nach soen, datt se an de Vakanzen zum Deel net do sinn, wat jo

och net berechent gëtt. An dat ass mat dem Ministère ofgeschwat.

Accord à l'unanimité.

7.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

All Gemengerotssëtzung hu mer Kontrakter ze ratifizéieren, wou Leit krank waren. Sief dat am Précoce, an der Spillschoul, dem Primaire oder der Musekschoul. Hei hutt der eng ganz Lëscht, wou Leit ersat ginn.

Ratification à l'unanimité.

8.1.

Prévisions sociales.

Emploi : engagements d'étudiants (m/f) pendant les vacances scolaires d'été de 2008 – décision de principe.

Roland Breyer, Schäffen:

Fir d'Vakanzenzäit hu mer dann e ganze Koup Posten ausgeschriwwe fir Studenten ze beschäftegen. Der gesidd och an den Ënnerlagen dee ganzen Inventaire wéi déi eenzel Leit géife gebraucht ginn. Mer hunn och mat eise „Chefs de département" an „Chefs d'atelier" gefrot, wat si brauchen, an hei wier am Fong geholl dat, wat virgesinn ass an de Periode vum 15.7. bis den 14.8. an och vum 15.8. bis den 14.9. Dat wieren am ganzen 68 Studenten, déi kéinte schaffe kommen. Mer maachen et och wéi ëmmer. Se ginn ausgeschriwwen, a wa mer d'Kandidaturen hunn, da kucke mer eis se zesummen un. Hei wier de Prinzip fir se festzehalen an de Schäfferot ze chargéieren, déi Leit anzestellen. Se mussen och op d'mannst 16 Joer hu fir kënnen ze schaffen, 18 Joer wann se och mussen e Führerschäin hunn. Dat muss och kontrolléiert ginn. Se mussen och dat bezuelt kréie wat legal virgesinn ass, dat heescht net manner wéi 80% vum „salaire social minimum". A mer sollten elo déi Poste publizéieren.

Roger Klein (LSAP):

Mer sinn eis all um Dësch hei eens, datt et eng gutt Saach ass fir esou jonk Leit anzestellen. Esou kënnen déi jonk Leit d'Beruffsliewe kenne léieren an sech niewebäi och nach e klengt Täschegeld verdéngen. Ech mengen, mech erënneren ze kënnen, datt mer nach Posten hu mussen nostëmmen. Dofir meng Fro: hunn déi eenzel Servicer sech gutt iwwerluecht, wéivill Leit datt se brauchen? Ass dat hei elo déi definitiv Lëscht oder ass se nach provisoresch?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also mer hunn eise Servicer geschriwwen, datt keng Poste méi nogestëmmt géife ginn. Mer hätten dat eng Kéier gemaach a mer géifen et net méi maachen. An et ass och nach eng Kéier en e-mail vum Personalbüro un all eis Servicer gaangen, datt dat net méi géif geschéien. Et koum nach een op de leschte Stëppel no, dee war nach just op den Zuch opgesprongen.

Jeannot Linden (LSAP):

Nach eng Bemierkung dozou. Ech kommen eng Kéier op 68 an dann op 65. Wéi ass dat méiglech ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, dat hänkt och e bësse vun der Presentatioun of. Mer mussen dat besser presentéieren.

(Nicolas Majeres, Gemengesekretär:

Ech hat et verbessert, mee hei ass déi al Versioun nach dran.)

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et sinn der 68, d'Sekretariat ännert dat esou, datt et schéi propper ofgefouert ass an da stëmmt dat.

Accord à l'unanimité.

8.2.

Prévisions sociales.

Organisation d'activités de loisirs : convention avec la société «BDK.LU» de Pétange – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat hei ass eng Konventioun, déi schonn zënter e puer Joer erëmkënnt, also zënter mer mat der Firma BDK.lu zesummeschaffen. An zwar organiséiert déi an all Vakanz verschidden Aktioune fir Kanner tëscht 3 an 15 Joer. Déi Kanner bezuelen, wann se hei an der Gemeng wunnen, 60 Euro d'Woch. Wann se net hei wunnen, 75 Euro d'Woch. D'Participatioun vun eiser Gemeng limitéiert sech doranner, datt mär hinnen d'Infrastrukture fir de Sport gratis zur Verfügung stellen. Ech fannen, dat ass eng ganz flott a gutt Saach wann d'Kanner während de Vakanze kënne betreit ginn an Aktivitéite maachen. Dofir géif ech eech bieden, dat ze stëmmen.

Guy Brecht (LSAP):

Well mer schonn eng Rei Jore mat däer Firma zesummeschaffe wollt ech froen, wéi d'Erfahrunge sinn. Klappt dat alles? Si mer zefridden domat a mat der Zuel vun de Kanner, déi do matmaachen ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Zuel variéiert natierlech ëmmer deemno ob mer 8 oder 14 Deeg Vakanz hunn. Ech kann déi Zuele beim Här Breyer nofroen an eech déi noreechen. An der Regel sinn et tëscht 30 a 50 Kanner. Op jiddwer Fall kréie mär vun den Eltere gutt Noriichten, esou datt mer mengen, datt mer mat däer Firma kënne weiderfueren.

Albert Muller (LSAP):

Ech hu mech dës Kéier op d'Schreiffeeler spezialiséiert. Am Artikel 6 steet „La présente convention prend cours le 1er février 2007", mee ech huelen awer un, datt dat 2008 soll sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, dat ass 2008.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.3.

Prévisions sociales.

Aide aux sinistrés: subvention au profit des victimes du cyclone « SIDR » au Bangladesh - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et dréint sech hei ëm déi grouss Katastrof dee leschten November am Süde vum Bangladesh. Ee vun deene schlëmmste Wirbelstierm huet ganz vill Doudeger a Blesséierter hannerlooss. Déi, déi iwwerlieft hunn, hunn alles verlooss a waarden elo op Hëllef. D'Press huet vun engem zweeten Tsunami geschwat. Handicap International sinn zënter 1997 am Bangladesh aktiv. Si hunn ëm Spende gebieden an engagéiere sech an de Spideeler Hëllef ze leeschte fir déi Leit, déi alles verluer hunn. Ech géif eech bieden, vun deenen 7500 Euro, déi mer am Budget 2008 stoen hunn, 2500 Euro der Stëftung Handicap International zu Lëtzebuerg zoukommen ze loossen, an dat mat der Mentioun 'Bangladesh'.

Camille Bosseler (CSV):

Ech fannen et gutt, datt och an Zäite wou d'Mënz net méi grad esou flësseg ass a mer mussen iwwerleeën, wéi een d'Suen asetzt, och nach un déi Äermst vun deenen Aarme geduecht

gëtt. Hannendru kënnt jo nach esou e Projet. Mer sinn awer trotzdem nach ëmmer bereet, e Stéck matzeginn. Maacht esou virun. Et ass net d'Zäit fir Monumenter opzeriichten.

Approbation à l'unanimité, MM. Brecht, Gira et Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

8.4.

Prévisions sociales.

Aide au Tiers Monde: projet du Syvicol - amélioration des conditions de scolarisation des élèves de la commune de Ribeira Grande de Santiago (Cap Vert) - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer si bei der Drëtt-Welt-Hëllef hei. Als Membergemeng vum Klimabündnis Lëtzebuerg hu mer eis engagéiert fir Drëtt-Welt-Hëllef ze leeschten. Hei läit eis e Projet vun de Schoulkanner aus der Gemeng Ribeira Grande de Sanitago op de Kapverde vir. D'Situatioun ass esou, datt, opgronn vun der Entscheedung vun der Kapverdescher Regierung fir d'Gemengen ze dezentraliséieren, ass d'Gemeng Ribeira Grande de Santiago 2006 gegrënnt ginn. An dëser Gemeng wunnen 11000 Leit, dovunner 60% ënner 25 Joer. Déi meescht si ganz aarm, meeschtens well se keng Aarbechtsqualifikatioun hunn. Dat heescht, iwwer 95% hu kee Schoulofschloss well se net déi finanziell Mëttelen hunn oder well keng

Transportméiglechkeete bestinn. D'Zil vun dësem Projet ass et, d'Situatioun esou ze verbesseren, datt d'Schüler hir Schoul fäerdeg maache kënnen. Konkret heescht dat, datt den ëffentlechen Transport muss verbessert gi well net all Duerf huet eng Schoul a Busse mussen agesat gi fir de Schülertransport ze garantéieren. Dräi nei Busse gi kaf fir 100800 Euro.

E Schoulgebai fir 60 Schüler soll esou renovéiert ginn, datt den Unterrecht normal ka fonctionnéieren. Hei sinn 14200 Euro virgesinn. Et profitéieren direkt 900 Schüler vun dësem Projet.

Enn Dezember 2007 gouf eng Konventioun ënnerschriwwen tëscht den Associatiounen „Pharmaciens sans frontières asbl", „Cap Vert Espoir et Développement" an eisem interkommunale Syndicat SYVICOL. De „contrat de cofinancement" gouf tëscht dem Ausseminister an der Associatioun „Pharmaciens sans frontières" den 20. Dezember 2007 ënnerschriwwen. Dee ganze Projet beleeft sech op 118280 Euro. Dovunner iwwerhëlt eisen Ausseministère dräi Véirel, esou datt d'asbl „Pharmaciens sans frontières" zesumme mat hire Partner nach 25970 Euro opbrénge muss. Mer hunn am Budget 2008 eng Zomm vun 30000 Euro stoen a mer wëllen dëse Projet mat 4000 Euro ënnerstëtzen, andeems mer déi Suen op hire Konto iwwerweisen. Ech géif eech bieden, dëse Projet ze ënnerstëtzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen dat natierlech eng super Saach well mer jo am Klimabündnis si sollte mer jo déi Leit an der Drëtter Welt ënnerstëtzen, deenen et net esou gutt geet ewéi eis. Mee mer däerfen awer net vergiessen, datt en anert Ziel vum Klimabündnis och muss agehale ginn.

Wat dëse Projet am Kap Verde ugeet, esou ass et een, mat deem mär als Péitenger Gemeng eis besonnesch kënnen identifizéiere well mer ganz vill kapverdesch Awunner, déi dohanne fortgelaf si well et hinnen net gutt gaangen ass, hei an eiser Gemeng opgeholl hunn. Dee ganze Projet ass am Sënn vun der Regierung. D'Lëtzebuerger Regierung probéiert dohannen esou gutt wéi méiglech ze hëllefen, Schoulen an esou Saachen opzeriichte fir datt d'Leit net musse fortlafe fir an aner Länner – wéi zum Beispill Lëtzebuerg – ze kommen. Op alle Fall ass et e Projet, mat deem mer eis als Péitenger Gemeng kënnen identifizéieren.

Camille Bosseler (CSV):

Ech kann deem nëmmen zoustëmmen, ëmsou méi ech viru Joren um Kap Verde gesinn hunn, wat fir e Misär do ass. Also kann ech nëmmen den Hutt ofdinn, wann een an déi Richtung weidermécht well et si wierklech déi Äermst vun deenen Aarmen, déi do wunnen.

Accord à l'unanimité.

9.

Environnement.

Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA): programme d'action annuel pour l'exercice 2008 - approbation des travaux, plans et devis.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer hunn de Aktiounsprogramm 2008 mat der Sicona opgestallt. D'Sicona mécht eis jo all Joer eng Rei vun Aarbechten, déi mat eisen eegene Leit net ze maache si well mer éischtens net déi speziell Maschinnen hunn an zweetens eis Leit nieft hirem normalen Aarbechtspensum d'Zäit net opbréngen, fir dës zousätzlech Aarbechten ze realiséieren. Wat d'Ënnerhaltsaarbechte fir deen nächste Wanter ubelaangt, esou ass virgesinn, zu Péiteng d'Hecken ze schneiden an ze botzen um Prënzebierg, op der Kräizheck, esou wéi och en Deel hanner der Eucosider a Richtung Rolleng. Dann awer och zu Rodange bei der Spillplaz hanner der neier Sportshal. Weider um Programm steet och d'Méinen an d'Propperhale vum Plon, den Ënnerhalt vun de Plantatiounen an eise Bongerten, d'Kontroll an d'Ersetze vu Beem. Da gëtt um lieu-dit „Géien Honger" zu Rolleng op der Wiss nieft dem Parhaus e Bongert mat 25 Uebstbeem ugeplanzt. Mer hunn och an eiser Gemeng dräi Niche fir de Steekauz. Déi ginn och gebotzt a propper gehalen.

Fir dës Aarbechten hu mer en Devis virleie vun 34.954,55 Euro. Eise Kredit fir 2008 beleeft sech op 35.000 Euro. Iwwer d'Halschent vun dëser Zomm kréie mer vum Staat subsidiéiert.

Mer brauchen den Accord fir dës Aarbechten ausféieren ze loossen, fir den Devis ze autoriséiere respektiv d'Pläng unzehuelen.

Ech wollt dozou nach soen, datt d'Sicona eis gratis zing Schoulaktivitéiten ubitt wat d'Ëmwelt ugeet. Dovunner kënne mer am Kader vum Ëmweltdiplom fir d'Kanner profitéieren.

Camille Bosseler (CSV):

Och déi Suen hei si menger Meenung no gutt ubruecht wann ee gesäit, datt d'Sicona ëmmer méi grouss gëtt well et kommen och dauernd Gemengen derbäi, déi dat selwecht froen ewéi déi Gemengen, déi elo schonn dra sinn. Firwat ? Well se eng gutt Aarbecht leeschten. Seif dat – wéi grad ugeklongen – fir déi al Uebstbeem ze erhalen, fir nei ze planzen, fir datt eis Kanner déi Uebstzorten hei hunn. Déifferdang hat dat och viru Joren uewen um Bierg gemaach, an dat ass wierklech eng gutt Saach.

Wat d'Heckebotzen ugeet, do fannen ech et gutt, datt se dat an Etappe maache well Leit do sinn, déi och wierklech eng Ahnung dovunner hunn. Et ass jo och virdrun dovunner geschwat gi fir en Ëmweltberoder anzestellen. Mee ech mengen, mer hunn och an der Sicona Leit, déi an deem Beruff do ausgebilt sinn a kënne beroden, och an de Gemengen. Well mär si jo och mat dran. Et kéint ee sech, wat d'Ëmwelt ugeet, op déi Leit beruffe fir eng gewëssen Hëllef ze kréien.

Wat ech nach wëll soen, dat ass, datt mer vill Weeër hunn. Wa se erop op de Roudenhaff fueren, wou och ëmmer vill Leit spadséiere ginn, a wa se fäerdeg si mat dem Botzen, wier et méiglech – wa si selwer et net kënne maachen – datt d'Gemeng mat der Biischt déi eng Säit erop an déi aner Säit erof kéint fuere fir alles propper ze maachen? Well si kënnen net ëmmer am gudde Wieder fueren. Si zéien emol Buedem mat an d'Stroossen an dann ass dat alles dreckeg. Besteet do d'Méiglechkeet fir duerno e bëssen ze botzen?

Wat d'Muttergottesknippchen zu Rolleng ugeet, dat geet jo och mat an de Beräich eran, wou d'Sicona beréit ob Beem musse gehae ginn oder aner Aarbechte musse gemaach ginn oder net? Well dat ass jo awer och eisen Territoire. Et ass emol gesot ginn, datt se bei der Muttergottesknippchen d'Beem ëmgehaen hunn. Déi Zäit hat ech hei gesot, se sollten d'Beem e bësse kleng ze maache well se eropgewuess wieren, awer net déi schéi Beem. Déi hunn se all ënnen ewech gemaach a gesot, se wieren net méi gesond. Et waren déi Beem net, déi waren all gesond. Ech wéisst gären, ween den Optrag dozou ginn huet.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech weess just, datt mer mat der Sicona e Kontrakt maachen an datt si d'Fachleit sinn a sech genee un déi Aarbechten halen, déi mär hinnen all Joer fixéieren. Dat heescht, dat changéiert vu Joer zu Joer. Wann do sollen Aarbechte vu Fachleit gemaach gi sinn, déi awer net fachmännesch gemaach goufen, da misst een dat natierlech recherchéieren an Detailer kréien. An da kéinte mer Récksprooch mat hinnen huelen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass mär och opgefall, wat den Här Bosseler elo grad gesot huet, datt zu Rolleng alles ronderëm d'Statue ewechgehae gouf. Dat geschitt jo och am Aklang a mam Accord vun eisem Fierschter. Well heiansdo gesäit een, do wou d'Hecke gebotzt goufen, datt dru gerappt ginn ass an dat gesäit méi grujeleg aus ewéi virdrun. Ech hoffen awer, datt d'Sicona eis Hecken net mat enger Maschinn botzt, déi d'Äscht erofrappt, mee datt dat no allen „règles de l'art" geschitt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif proposéieren, datt den Här Welter sech dat mat de Servicer ukuckt. Och ronderëm d'Muttergottesknippchen, wat esou gesot gouf. A fir deen nächste Gemengerot géif en eech dat soen. Oder kënnt dir dat direkt soen Här Welter?

Gilbert Welter, Schäffen:

Neen, ech muss dat nofroen. Awer och ënner der Viraussetzung, datt et d'Sicona ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mee ech ginn awer dovunner aus, datt näischt geschitt ass ouni den Accord vum Fierschter. Mee dat kläre mer. An ech ginn och dovunner aus, datt dat, wat d'Sicona bei eis mécht – an dat si jo awer alles spezialiséiert Leit, wéi den Här Bosseler dat scho gesot huet – conforme ass mat dem Reglement. Et wier schlëmm, wa si als Gemengesyndikat eppes géife maache wat am Géigesaz zu den Ëmweltbestëmmunge wier. Et ass zwar näischt ausgeschloss, mee ech géif awer dat emol net esou dohinner stellen. Mee mer kucken dat awer no.

John Polfer (CSV):

Ech wollt awer nach eppes zu de Beem soe bei der Muttergottesknippchen. Ech hu mer do soe gelooss vum Fierschter, datt hie säin Accord dozou ginn huet. Et waren e puer Beem drënner, déi net méi gesond waren. En huet mer och gesot, datt d'Bierken, wann déi eng Rei Joren hunn (30 oder 35 Joer), se ganz liicht vum Stuerm kéinten ëmgehäit ginn. Déi ganz Muttergottesknippchen gëtt och nei amenagéiert vum Interesseveräin Lamadelaine.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mär wäerten däer Saach nogoen an nach eemol ganz genee kucken. Ech hat och scho mam Fierschter e Gespréich, wou och kloer gouf, datt hien direkt intervenéiert ass bei engem Privatmann. Et sinn also ëmmer Mouvementer do an dofir kucke mer dat hei och elo no fir ze gesinn, wat wierklech geschitt ass.

Approbation à l'unanimité.

10.

Sylviculture.

Plan de gestion des forêts de 2007 à 2016 – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Den 10-Joresplang vun eise Bëscher läit vir. Dëse Plang ass vun der „Administration des eaux et forêts" zesumme mat eiser Gemeng opgestallt ginn. Mer hunn eng Fläch vun 122,16 Hektar Bësch. Déi grouss Linne vun dësem Plang sinn no wiertschaftlechen an ökologesche Critèren ausgeschafft ginn. An dëst vun engem spezielle Service, deen un d'Forstverwaltung ugegliddert ass. Den Aarbechtsplang ass ganz präzis an engem 36 Säiten décken Aarbechtsdokument am August 2007 festgehale ginn. Dëse Plang muss dem Gesetz vum 8. Oktober 1920 no all zing Joer nei opgestallt ginn. Mer haten d'lescht Joer eng Rei Aarbechtsversammlungen. Duerno gouf den 23. Oktober 2007 de Virprojet vun dem „plan de gestion" der Ëmweltkommissioun an och dem Gemengerot virgestallt. Den 10. respektiv den 11. Dezember huet de Kantonalchef vum Westen an d'Forstverwaltung e positiven Avis dozou ginn.

Wat d'Aarbechten iwwer déi nächst zing Joer ugeet, esou bleift ze soen, datt keng Käschten zu Laaschte vun eiser Gemeng ufalen an datt, wann dëse Plang ugeholl gëtt, den FSC-Label fir eis Bëscher sécher ass. Ech géif eech bieden, dëse Plang fir eis Bëscher unzehuelen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech kommen dorop zeréck wat mer virdu schonn ugeschwat hunn. Et ass natierlech flott, wa mer eise Bësch gesond halen an de Bësch esou wäit Bësch si loossen ewéi e Bësch ass. Ech sinn awer vun ëmweltbewosste Bierger vu Rolleng drop opmierksam gemaach ginn, datt wéi et schéngt an enger ëffentlecher Reunioun den Här Breyer gesot huet – an dat steet och an enger grousser Lëtzebuerger Zeitung – „die Gemeinde würde ebenfalls dafür Sorge tragen, dass die Beleuchtung für die 'Dänneknippchen' definitiv werde". Also ech fannen dat net immens, wa mer ufänken Zelter opzeriichten, déi fest do stoe bleiwe sollen oder wa mer ufänken, am Bësch Beleuchtungen ze maachen, déi och definitiv sinn. Dann ass Bësch net méi Bësch. Ech mengen, dat kënne mer an engem Park maachen, awer net an engem Bësch. Ech wollt awer do froen, wéi et sech domat huet.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Ausso, déi ech do gemaach hunn, war an enger Generalversammlung. Dat ass dee Wee, deen an der rue Tëtelbierg eropféiert bei eise Waasserbasseng dorop. An do hu mer de Moment Poteaue stoe mat enger Freileitung, déi ganz problematesch ass wat d'Sécherheet ubelaangt well dee Wee vill gebraucht gëtt vun de Leit, déi spadséiere ginn an och déi do mussen eropfueren. Och well ënner anerem e Buergbrennen do stattfënnt wollte mär Poteaue richteg dohinner setzen an och sécher maachen. Dat geet net an de Bësch eran, mee et ass just de Wee, deen do erageet, deen anstänneg soll beliicht ginn. Et ass net esou geduecht, datt et soll an de Bësch eragoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass effektiv esou. Dat ass just hanner mengem Haus. Et sinn dräi Poteauen, déi net am Bësch stinn, mee éier ee bei de Bësch, bei d'Eisebunn kënnt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech si berouegt an déi Leit sinn dann och berouegt.

Approbation à l'unanimité.

11.1.

Transports et communications.

Règlement général de la circulation routière: 12e modification - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Do maache mer elo Neel mat Käpp op der Rodanger Gare, e Schantjen, dee scho laang hin an hier geet an deen elo definitiv soll reglementéiert ginn. Firwat huet dat esou laang gedauert ? Mer musse vläicht e puer Datumen an Erënnerung ruffe fir ze verstoen, ëm wat dat et elo schlussendlech geet. Op der Rodanger Gare, wou jo d'Lëtzebuerger an d'Lonkecher Strooss nei gemaach goufen, war geplangt, rout Luuchten opzeriichte fir de Verkéier an däer aler Situatioun ze regelen. Dat war schonn den 16. Januar 2003, wou sollt eng rout Luucht dohinner kommen, an déi den Transportminister och an deem Sënn autoriséiert hat. Duerno sinn dann op eemol Schantercher entstanen op dem fréiere Site vum Hotel Nau, déi d'Installatioun net erméiglecht hunn oder de Fonctionnement vun de Luuchten net garantéiere konnten. An et sinn nei Attacken un d'Propositioun komm vum Transportministère, ënner anerem den 23. Mäerz 2005. Ech zitéieren hei : „Les CFL ensemble avec l'Administration des Ponts et Chaussées ont présente le 23 mars 2005 un dossier d'étude qui souligne la possibilité de supprimer le passage à niveau sans nécessiter de constructions d'une nouvelle relation routière. Projet qui est resté sans suite à ce jour de votre part". Dat war d'CFL, déi e puer Mol hei virstelleg gi sinn am Schäfferot fir einfach ze soen, datt et einfach vill ze gefëierlech wier – och wa Luuchten do géife fonctionnéieren – wat d'Barrière ugeet. An dat, well nach ëmmer Leit dat net respektéieren. Fréier, wéi dat nach fonctionnéiert huet, wieren och regelméisseg een oder zwee Automobilisten einfach iwwer d'Barrière gefuer, och wann d'Luucht rout scho geblénkt huet. Si hunn dann och ëmmer mat der Hiobsbotschaft gewénkt, datt mer eng Kéier en Doudegen op däer Plaz kréichen. Dofir hate si e Projet presentéiert fir d'Barrière komplett zouzemaachen, en och net méi befahrbar ze maachen an och keng Kompensatioun an d'Plaz ze ginn. Deen Dossier hu mär ëmmer refuséiert - hei steet zwar „..est resté sans suite de votre part"- a mer hunn ëmmer ganz kloer Stellung geholl an och gesot, datt dat net a Fro kéim. A spéitstens wann de Schantje beim Nau um Eck ofgeschloss ass, wäerte mär déi Luuchten dohinner setzen, déi schonn zënter 2003 autoriséiert sinn. Mee mer maachen awer do eng Modifikatioun derbäi well mer der Meenung sinn, datt déi Kräizung schlecht fonctionnéiert. De Verkéier huet zougeholl a wa mer eis da virstellen, datt ee véilt vum Blobierg op Athus fueren, gring hätt an d'Barrière zou ass, dann hu mer alles blockéiert an hunn näischt mat de Luuchten ugefaangen. Mat dëser Erkenntnis setze mär déi Luuchten elo dohinner, mee mer maachen awer gläichzäiteg d'Barrière a Richtung Athus zou. Dat heescht dat Stéck vun der rue de Longwy oder der rue de Luxembourg bis hanner der Barrière. E bleift awer op vun Athus heihinner. Dat ass eppes, wat den CFL net esou richteg gefällt, mee se hunn awer schlussendlech hiren Accord ginn a mer sinn elo um Punkt, wou mer dat kënne regulariséieren a reglementéieren. Dat heescht, esou séier wéi de Schantje beim Nau degagéiert an d'Kräizung fräi ass – dat schéngt an deenen nächsten zwou Wochen esou ze sinn – da gëtt vun eisen Servicer eng Ampelanlag opgeriicht an da kommen déi Reglementatiounen, déi mer haut mussen huelen a wéinst der Prozedur nach eng Kéier mussen an d'Stad goen, a Kraaft trieden. Mee den Avis préalable vun de Ponts et Chaussées a vum Minister hu mer. Do gëtt dat nach just „pour la forme" akzeptéiert. Et kann een also soen, datt spéitstens den 30. Abrëll – dat ass wierklech dee leschten Délai – d'Barrière nees opgeet. D'Barrière soll dann opsinn an d'CFL mussen dofir suerge fir deen Accord, deen och mam Minister getraff gouf, anzehalen. A mer kënnen dann nees vun Athus erop op Rodange fueren.

Dat bedéngt, datt mer elo hei an deem Reglement just soen, datt mer zou maachen „afin de sécuriser au mieux le passage à niveau et à supprimer la voie de la chaussée reliant la localité de Rodange à la Belgique". Also just dat klengt Stéck dohinner. Ëmgedréint vun Athus heihinner bleift de Verkéier op, och iwwer d'Barrière ewech. Et kann een och nach an de Siège vun der MMRA oder an d'Schmelz fueren. An deen ënneschten Deel bleift och „à double sens" bestoen. Et ass just, datt den Iwwergank vu Rodange op Athus, deen zou ass an deen och net duerch deen neien Ampelsystem iwwerholl gëtt. Wat do steet, dat ass technesch heiansdo komplizéiert. De Verkéier huet jo zougeholl „de ce fait, le fonctionnement de l'installation lumineuse y projetée n'est plus garantie". Dat sollt heeschen, wat 2003 schonn hei votéiert war, datt véier Säiten op solle sinn. Dat ass net garantéiert, an dofir wëlle mer eng Säit zoumaache fir e bësse méi Loft op däer Kräizung ze kréien. Dat ass dat, wat elo soll ëmgesat ginn. Wéi gesot, den Transportministère an de Ministère fir ëffentlech Bauten esou wéi d'Ponts et Chaussées hunn hiren „accord préalable" ginn. De Gemengerot muss d'Reglement elo ëmstëmmen, datt dat klengt Stéck vu Rodange a Richtung Athus net méi iwwer d'Barrière befuerbar ass. Wann dat aus der Stad erëmkënnt an déi technesch Installatioun gemaach ass, da kann dat fonctionnéieren. Wéi gesot, spéitstens an zwee Méint rechnen ech domat, datt et fonctionnéiert an datt mer erëm eng Kéier vun der Belsch no Rodange zirkuléieren. Dat wier de Sënn vun dëser Modifikatioun vum Reglement.

Romain Rosenfeld (CSV):

Dat do ass eng Saach, wou mer alleguer zu Rodange frou si wann et zustane kënnt. Ech froe mech just, firwat mer mussen op de Pabeier waarden. Kënne mer net schonn ufänken d'Luuchten opzeriichte fir datt mer prett si fir deen Dag, wou de Pabeier ukënnt an datt mer kënnen direkt lassfueren. Well ech mengen, et brennt e bëssen. Bon, ech halen net ganz vill vun däer Saach bei RTL, mee ech mengen, et gesäit een do awer , datt et eng Influenz op d'Geschäftswelt zu Rodange hat. Och well eise Recyclingcenter just op däer aner Säit läit an ee muss bis op Péiteng oder bal bis op Lonkech fuere fir dohinner ze kommen. Esou ass dat eng ganz fäi Saach an de Problem ass och fir mech super geléist mat däer Einbahn. Et ass e groussen Appui fir d'Geschäftswelt an och fir déi Privatbierger fir an de Recyclingcenter ze fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Wat déi technesch Installatioun ugeet, esou sinn d'Gaine scho gezunn. Wat nei gemaach huet musse ginn, dat läit schonn alles. Et muss näischt opgerappt ginn. Et ginn elo just d'Sockele gesat a mer musse waarden, datt beim Nau um Eck elo de Schantje geraumt gëtt. Et ass och drop an drun, well se praktesch fäerdeg sinn. Et ass eng Affaire vun Deeg an da ginn direkt d'Sockele gesat. Mer waarden och net

bis de Pabeier aus der Stad zeréckkënnt fir déi Installatioun ze preparéieren. Mer mussen awer waarde bis mer de Reglement erëmhu fir en ze affichéiere well en dann eréischt rechtskräfteg ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Als Member vun der Verkéiers-kommissioun war ech e bëssen iwwerrascht, wéi ech dat vum 16. Januar 2003 gesinn hunn. An da kënnt dee léiwe Saz hannendrun „et ass nach ëmmer net realiséiert". Mee et sollt een och hannendru schreiwen, datt se engem keng Autorisatioun ginn hunn. Wann deen een se ginn huet, dann huet deen aneren nee gesot an och ëmgedréint. Esou ass dat gelaf a geschleeft. Ech sinn och frou, datt mer dee Wee do erlaabt kruten. Mer mussen eis bewosst sinn, datt et net an d'Belsch erofgeet, mee nëmme vun ënnen erop. Een, deen aus dem Recyclingcenter eropkënnt, dee brauch elo net méi den Tour ze maache fir op Rodange ze kommen. Wat och ze begréissen a wat och ganz wichteg un deem System ass, dat ass, wéi den Här Breyer och gesot huet, déi rout Luucht, déi kombinéiert gëtt mat der Barrière a mat deenen dräi Luuchten, déi op der Kräizung stinn. Dat heescht, wa vun ënnen erop gring gëtt, da ginn déi aner all rout, esou datt zu kengem Moment d'Barrière zougestallt ass. Da kënnen d'Autoe jo wierklech fueren. Dat eenzegt, wat ee muss och vläicht an d'A faassen, dat sinn d'Foussgänger. Well wa grad deen Ableck siwen oder aacht Foussgänger ënnerwee sinn, da blockéieren déi an da steet de Camion awer nees op enger Plaz. Et muss een also oppassen, wéi een déi Kombinatioun mat dem Eriwwerfueren a mat de Foussgänger mécht. Ech wollt just dorop opmierksam maachen. Do ass jo awer eng Gefor do wann e Lastwon vun ënnen eropkënnt an duerch d'Foussgänger blockéiert ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi ganz Installatioun ass esou gemaach, datt deem och Rechnung gedroen ass. Wann déi vun Athus gring hunn, ob se riets oder lénks fueren, do ass da kee Foussgänger, deen do matgeet. D'Waardezäite sinn dorop agespillt. Déi op der Haaptstrooss mussen e bësse méi laang waarden, mee op däer aner Säit ass dat jo och net esou dacks. Se geet jo och nëmmen u wann d'Barrière opgeet a keen Zuch dorëmmer ass. A wann een dann déi Previsioun héiert, datt d'Barrière 50 Minutte vun enger Stonn soll zou sinn, dann ass dat jo och net dacks, wou dat virkënnt. Also ech hoffe just, datt är Bedenke berechtegt sinn, well soss hätten d'CFL emol iwwerhaapt net mat-gemaach. Ech hoffe just, datt d'CFL elo propper matspillt, well mär kënnen net kontrolléieren, wann d'Barrière zougeet an ob wierklech en Zuch kënnt. Si hu gesot, si géifen hir Linnen ze respektéieren, déi méi schaarf gi sinn nodeems dat zu Zoufftgen geschitt war. Ech hoffen, datt do mat anstännege Kaarte gespillt gëtt, mär grouss Efforte gemaach hunn an d'Barrière ass nawell ëmmer zou. Well si sëtze beim Knäppchen, a wann d'Barrière zou ass, da kënne mär keng gring Luucht vun ënnen erop vun Athus ginn. Dofir ass meng Hoffnung, datt se matspillen an datt et e fairen Deal gëtt, esou wéi en diskutéiert gouf, wéi e vum Schäfferot hei verdeedegt gouf an och wéi e vun deenen zwee Ministèren ugeholl ginn ass.

Guy Brecht (LSAP):

Selbstverständlech begréissen ech och, datt do eng Léisung fonnt gouf. Mee et muss een d'Bedenke vun den CFL och verstoen. Och wa mer nëmme méi vun ënnen eropkommen, esou ass de Problem nach net geléist, well dee gréisste Geforepunkt gesinn ech bei deem Verkéier, deen ënnen eropkënnt. Haaptsächlech stellt sech de Problem mat de grousse Fernlaster, déi aus der Schmelz erauskomme wann se do geliwwert hunn. Ass et do net méiglech fir déi direkt op d'Collectrice ze dirigéieren, esou datt se guer net méi iwwer dee „passage à niveau" bräichten ze fueren. Do wier scho ganz vill gehollef, well et ass de Schwéier-verkéier, deen do den Haaptproblem duerchstellt. Der kënnt eech dat virstellen, et ass zimlech enk fir de Blobierg erop ze fueren. Dat ass zimlech kuerz, a wann e Lastwon bis op der Barrière steet, da steet en do, op et viru geet oder net.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass esou, datt d'rue de l'Industrie verbueden ass fir den Transitverkéier. Den Transit ass nëmmen erlaabt iwwer d'Porte de Lamadelaine eran an och iwwer d'Fontaine d'Olière vun däer anerer Säit aus. Dat heescht, et kann een net do erafuere fir den Transit ze maachen. De hutt vläicht déi Problematik viru kuerzem an der Zeitung gelies. Déi Transitsgeschichte sollen och e bësse méi streng kontrolléiert ginn. Transit ass e Gummiwuert, well wann een och nëmmen eng fiktiv Adress ugëtt a seet, e misst dohinner fuere fir eppes ofzeliwweren, dann ass de Polizist och heiansdo schlecht dru fir him de Géigendeel ze beweisen.

Do ënnen aus der Schmelz eraus missten se direkt op d'Autobunn fueren. Se dierften net eropfueren, et steet och ganz kloer e Schëld do, datt den Transit – iwwer 3,5 Tonnen - verbueden ass. Wann se iergendwéi missten tanke goen, da missten se iwwer d'Bretelle an d'Fontaine d'Olière erakommen oder iwwer d'Porte de Lamadelaine. Do ass de Reglement ganz kloer, mee mer wëssen, datt e sech wéi Gummi zéie léisst wat den Transit ugeet.

Guy Brecht (LSAP):

Dat heescht jo awer dann, datt Schëlter do stinn, datt se net dierfen eriwwer fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, déi stinn do.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wëll just nach eppes dozou soen. Et ass en neit Portal vun der MMRA-Arcelor gemaach ginn. Dat ass zu Athus, do wou d'Athemer Schmelz war. Do fueren se eran an och eraus, also kommen se direkt op d'Collectrice. Se dierfen net eropfueren, well do kommen se néierens méi eran.

Accord à l'unanimité.

11.2.

Transports et communications.

Règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.

Roland Breyer, Schäffen:

Den Här Linden huet och heizou eng Fro gestallt, déi der jo och duerno stelle wäert. Hei ass just d'Reglement esou wéi et geduecht war. Vun e Méindeg 14. u soll an der rue des Prés, well jo do dee Schantje vu Baumeister ass, d'Kanalisatioun gemaach ginn. Dofir mussen do Grief opgemaach ginn an de Verkéier soll do verbuede respektiv nëmmen a Richtung Péiteng erlaabt sinn, an dat fir ongeféier 20 Deeg, „selon l'avancement des sites et travaux". An dat op deem Stéck vun der rue des Prés zu Rolleng. An e sollt dann ëmgeleet ginn duerch d'rue du Vieux Moulin an déi al route de Luxembourg. De Stationement an de Deplacement am Beräich vun dem Schantje wiere verbueden, an déi zwou Bushaltestelle sollen an d'rue du Moulin eriwwer-geholl ginn. Dat ass wéi d'Reglement geduecht ass a wéi et och schonn zënter leschte Méindeg a Kraaft ass.

Accord à l'unanimité.

12.1.

Vie associative.

Syndicat d'initiative de Pétange – modification des statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Péitenger Syndicat d'initiative, dat hutt der an ärem Dossier och virleien, huet eng Modifikatioun vu senge Statuten eraginn. Mer brauchen déi hei just als Gemengerot zu Acte ze huelen.

Il en est pris acte.

12.2.

Vie associative.

Association « Péitenger Wand » - radiation de la liste des sociétés subsidiées - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei géif ech eech virschloen, fir dëse Punkt vun der Dagesuerdnung erofzehuelen. Dowéinst musse mer hei am Gemengerot e Vote virhuelen. Mee mer sinn der Meenung, datt mer dat zu engem spéideren Zäitpunkt nach eng Kéier préiwen.

Accord à l'unanimité.

12.3.

Vie associative.

Club carnavalesque «KAGEPE» - statuts

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dëse Punkt hat och eppes mat dem Punkt 12.2. ze doen. Et war jo och schonn an der Press bekannt gemaach ginn, datt den 17. Dezember 2007 hei zu Péiteng nach alles a beschter Uerdnung war. An däer Reunioun, déi mer haten, ass festgehale ginn, datt eng Kavalkad den 2. Mäerz 2008 hei zu Péiteng géif stattfannen. Fir kënnen e Partenariat ze maache mat de Veräiner, esou wéi mer dat an der Gemeng Péiteng virgesinn hunn, sollt den Här Welter mat deem Veräin 'Péitenger Wand' kucken, wéi esou eng Hëllef vun der Gemeng am Kader vun der Organisatioun vun der Kavalkad ausgesinn. Déi Reunioun war den 27. Dezember 2007, an do ass dem Här Welter dann och vun der Associatioun 'Péitenger Wand', déi bis dohinner ëmmer déi Péitenger Kavalkad organiséiert huet, gesot ginn, datt si leider wéinst hirer finanzieller Situatioun net „en mesure" wiere fir dës Manifestatioun am Joer 2008 ze organiséieren. Dat hunn se eis och nach eng Kéier schréftlech den 7. Januar 2008 zoukomme gelooss, esou datt mer vum 7. Januar 2008 un an der Situatioun waren, datt de Péitenger Schäffen- a Gemengerot zur Kenntnis hu missen huelen, datt dëst Joer keng Kavalkad wier. Well awer do an der Tëschenzäit eng Gruppéierung mat dem Numm Ka.Ge.Pe. gegrënnt gouf, déi 2008 erëm fir d'éischt eppes méi Grousses am Kader vum Karneval sollt organiséiert ginn, an dat mat enger Kapesëtzung an eng ganz Rei aner Manifestatiounen. Mer hunn och eng ganz flott Broschür vun däer Associatioun krut, wou all déi Manifestatioune presentéiert waren. Dofir huet et eis als Gemeng och e bësse schued geschéngt, datt elo keng Kavalkad, d'Käersteck vum Péitenger Karneval, sollt stattfannen. Mer ware frou, wéi de Ka.Ge.Pe. sech op eemol an der Form vun enger asbl zesummefonnt hunn a entscheed hunn, d'Kavalkad ze organiséieren. Se hunn eis doropshin d'Statuten eragereecht. Déi goufen den 11. Januar 2008 arrêtéiert vun enger ganzer Rei Leit.

Mer hu gemengt, datt, well d'Gemeng Péiteng och regelméisseg de 'Péitenger Wand' ënnerstëtzt huet am Kader vun däer Organisatioun. Sief dat duerch d'Hëllef vun eise Betriber, mee och duerch Subsid, duerch e spezielle Subsid. Mer hunn awer geduecht, mer sollen elo deem neie Veräin déi selwecht Hëllef zoukommen ze loossen ewéi mer dat mat dem 'Péitenger Wand' gemaach hunn. A fir dat kënnen ze maachen, proposéiere mer haut dem Gemengerot deen neie Veräin Ka.Ge.Pe. op d'Subsidelëscht opzehuelen. Einfach aus deem Grond, well vum Joer 2008 un einfach net méi garantéiert ass, datt d'Kavalkad organiséiert gëtt an och kee Veräi sech méi fënnt fir dat ze organiséieren. Elo ass och déi Konditioun erfëllt, datt mer keng zwee Veräiner op d'Subsidelëscht huelen, déi déi selwecht Aktivitéiten hunn. Dofir géif de Schäfferot dem Gemengerot haut proposéieren, de Veräin Ka.Ge.Pe. op d'Lëscht opzehuele fir datt mer se kënnen esou ënnerstëtze wéi sech dat gehéiert wa si d'Kavalkad organiséieren.

Approbation à l'unanimité.

13.

Questions des conseillers communaux.

Jeannot Linden (LSAP):

E Méindeg de Moien, den 14. Januar 2008, war ouni jeglech Informatioun un d'Bierger – esou wéi wa mer keen Info-Canal hätten – en Deelsteck vun der rue des Prés zu Rolleng tëscht der rue de Luxembourg a Richtung rue du Vieux Moulin als Einbahnstrooss markéiert ginn. D'Awunner hu sech gefrot, wat do geschéie soll. Méindes, den 14. Januar, ass näischt an deem Stroossesteck geschafft ginn. Dënschdes, den 15. Januar, idem. Mëttwochs, den 16. Januar, huet d'Enterprise, déi déi aacht Haiser do baut, am Laf vum Dag e Gruef vun 2,5 bis 3 Meter an der Strooss ausgehuewen. Wahrscheinlech mussen d'Kanaluschlëss an och all aner Infrastrukturen an d'Haiser verluecht ginn. Mee bis samschdes, den 19. Januar, war just een eenzege Gruef ausgehuewen.

Wéi laang soll déi momentan Verkéierssituatioun bleiwen? Ass et net um Schäfferot, respektiv um Buergermeeschter, fir der Firma virzeginn, bis wéini déi Aarbechten ausgeféiert musse sinn? Fir deem Schlendrian en Enn ze maache sollt der dëser Firma d'Oplag ginn, zum Ausféiere vun den Aarbechten dat noutwennegt technescht Material a Personal um Schantjen ze beschäftegen.

Deen anere Punkt geet d'Verkéierssituatioun un, well de Verkéier jo iwwer d'rue de Luxembourg an d'rue du Moulin an d'N5 ëmgeleet gëtt. Um Enn vun der rue de Luxembourg stinn 2 Schëlter. Eent no lénks mat der Opschréft 'Déviation' an d'rue du Moulin, an eent no riets mat der Opschréft 'Poids lourds' an d'N5. Fir d'Camionschaufferen an déi vun de Fernlaster - obwuel d'Schëld mat dem Verbuet fir mat méi wéi 3,5 Tonnen duerch d'rue du Moulin ze fueren, nach aktuell ass – schéngt dat si awer net ze stéieren. Si futtéiere sech grandios, andeems si einfach duerch déi genannte Strooss esou gutt erop ewéi erof rullen. Haut an och déi Deeg virdun, an et geet ëmmer esou virun. Se musse sech selwer auswäichen an iwwer den Trottoir fueren, besonnesch wann déi vill Busse sech mat hinne kräizen. Et ass eng grouss Gefor fir d'Foussgänger, virun allem op däer Säit, wou den Trottoir un d'Strooss stéisst. Ech géif eech bieden, der Police nozeleeën, Kontrollen an deene betraffene Stroosse virzehuelen. Ech soen eech merci.

Roland Breyer, Schäffen:

Der hutt recht, wann der dat ervirbréngt, datt et an der Form an dem Fong guer net gutt geklappt huet. Et huet och bei eis eng Diskussioun mat sech bruecht, datt mer am technesche Service emol generell kucken, datt d'Koordinatioun tëscht dem Architektebüro an dem Verkéiersbüro besser gëtt. Heiansdo ginn déi Saachen dee leschte Moment

gemaach. Een deen eng Baugenehmegung freet, dee freet och fir den Uschloss gemaach ze kréien. An dat geet et och iwwer de Verkéiersbüro, wou da séier muss e Reglement gemaach gi well déi den Dag drop scho lass wëlle fueren. Esou ass et an deene meeschte Fäll. Mer hunn och ëmmer e bëssen Hektik derbäi, an, wann esou Saachen ewéi déi hei virkommen, Pannen.

Fir d'éischt entschëllege mer eis emol, datt déi Informatioun net un d'Awunner aus deene Stroosse gaangen ass. Dat ass eng Pann an eisem Service. Dat hätt misse geschéien iwwer den Info-Canal ewéi och duerch eng Informatioun un all Haus. Mer hunn dat an eiser Informatiounspolitik stoen. Dës Kéier huet et net geklappt. Mer hoffen, an ech verspriechen eech, datt dat héchstwahrscheinlech fir d'lescht wäert sinn, datt et esou hektesch gemaach gëtt. Soss muss den Enterpreneur emol eng Kéier méi laang waarden. Mer hunn och ëmmer gemengt, mer missten de Service fir den Enterpreneur ëmmer relativ schëtzeg maache well gesot gouf, et stieche vill Suen dran. D'Leit géife gären dëst oder dat nach. Mer sollen awer d'Gemengewuel virum deem vun der eenzelner Persoun kucken. A wann en Enterpreneur emol en Dag oder zwee muss waarden, da muss dat eben esou sinn.

Wat ass hei geschitt ? Et ass en „enchaînement de malheureuses circonstances" gewiescht. Den Architektebüro krut gesot, datt déi den Uschloss wéilte maachen an direkt wéilte lassfueren. De Verkéiersbürol sollt och d'Reglement maachen an et sollt och de 14. ufänken. Do war awer net alles richteg ugezeechent. Dat heescht d'Leitunge waren net ugezeechent, well Sudgaz an d'Post ginn ëmmer gefrot fir alles unzezeechnen. Et koum derbäi, datt hire Bagger eng Pann hat. Deen ass moies net ugesprongen. Dunn, wéi se zwee Deeg duerno ugefaangen hunn ze baggeren, hunn se versicht, déi Leitungen ze respektéieren, déi ugezeechent waren. Se hunn eng Leitung vun der Air Liquide erwëscht an direkt aus Sécherheetsgrënn mussen ophalen, well do ware 40 Bar Drock drop. Mee déi Leitunge waren net ugezeechent ginn. Den Enterpreneur huet et och vläicht e bëssen „à la légère" geholl. Et huet och vläicht net iwwerall nogefrot. Dat war iwwersi gi well et jo huet mussen ofgeséchert ginn a well et och geféierlech hätt kéinte sinn. Elo ass et esou, datt déi Leitunge Problemer duerstelle fir de Kanal iwwerhaapt unzeschléissen. Eise Kanal läit am Fong geholl méi héich wéi de Leit hiren Ausgang, esou datt se mat Pompele musse schaffen. Dat war awer och virdru scho gewosst, an dofir musse mer an Zukunft vläicht méi Reglementer ginn a soen, datt alles virdru muss gekläert ginn ier d'Autorisatiounen erausginn. Well hei gëtt duerno ëmmer konstatéiert, datt mer net gutt an de Kanal erakommen a Pompele brauchen. A wann nach Leitungen dertëscht leien, da komme mer ganz sécher net gutt eran. Dat bedéngt och, datt mer eis Reglementer eng Kéier mussen ofstëmmen a vläicht ganz kloer soen, datt déi technesch Gegebenheete ganz gekläert musse sinn ier eng Autorisatioun erausgeet. An et dierf net einfach ugeholl ginn, datt dat duerno soll klappen.

De Schantjen dauert op däer Plaz natierlech elo e bësse méi laang bis all déi Problemer behuewe sinn. Mer hunn awer, direkt nodeems mer de Bréif erakrut haten, eng Kopie un d'Police weider gereecht an hinne gesot, si solle periodesch Kontrolle maache fir ze kucken, datt déi d'Camionen der Beschëlderung follegen an direkt op de Contournement fueren. De Commissaire huet och gesot, et géif Leit periodesch do laanscht schécke fir deem entgéint ze wierken. Mer wäerten awer nach dës Woch nach mat dem Schantje geplot sinn. Wéi gesot, mer entschëllegen eis nach eng Kéier, datt déi Informatioun net matzäiten erausgaangen ass. Dat ass net am Sënn, wéi de Schäfferot wëll fueren.

Mer informéieren eech och elo schonn, datt d'rue des Romains fir zwee oder dräi Deeg zu Péiteng zou. Do hu mer och Aarbechte lafe well ee säin Uschloss mécht. Do ass awer direkt derfir gesuergt ginn, datt d'rue du Chemin de fer an d'rue de la Gare op ass. Dat heescht, datt dee Schantjen uewen net d'Stroosse wäert blockéieren. An dee Schantjen um Eck vun der rue du Chemin de fer wäert bis d'Kavalkad bal komplett ofgeschloss sinn, esou datt mer d'Strooss do och nees opkréien.

Bon, et deet eis Leed, datt et esou gaangen ass. Dat sinn technesch Saachen, déi anenee gefloss sinn a wou eng Schwieregkeet déi aner matbruecht huet a wou mer elo vläicht doraus léieren, eis Reglementer eng Kéier méi genee nokucken an haaptsächlech am Architektebüro fir eben deem entgéint ze wierken.

Jeannot Linden (LSAP):

Wou dat Schëld „poids lourds" steet, kéint een do net ënnen drënner setzen, datt och d'Camionen net do duerch dierfe fueren. Et ass verbuede fir iwwer 3,5 Tonnen. D'Schëld steet jo do. Wa si ëm d'Kéier kommen a gedréint hunn, da gesäit deen dat net. Mee et misst een och fir d'Camionen e Schëld opstellen, dat hinne weist, datt net nëmmen d'Fernlaster, mee och d'Camionen op d'N5 musse fueren. Oder et muss een déi zwee Schëlter zoudecken, déi et jo verbidden, datt se derduerch fueren. Well d'Busse fuere jo do, an déi musse jo do fueren. Well wéi ech elo komm sinn, do fueren ech erop an d'rue des Romains an do ass e Schëld an ech hu geduecht, et wier bei der Bréck. Mee e bësse méi wäit war nees eng Deviatioun. Et ass schwéier e Lach do ze fannen. Mer hu jo den Info-Canal. Kann ee keng kleng Skizz do maachen? Well dee Moment gesäit ee jo, wat vu wéini bis wéini zou ass. Dat war jo schonn drop.

Roland Breyer, Schäffen:

Et wier Standard fir esou ze verfueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat den Info-Canal ugeet, wann déi Leit déi néideg Informatioune kréien, da maachen déi dat och.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech wäert eech och liese wat ech net gesot hunn. De Chef vum „Département Hygiène et Eau" huet vergiess, d'Informatioun weider ze ginn an en entschëllegt sech dofir.

Séance publique du 26 février 2008

Durée de la séance: *14.30 à 16.50 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP) (jusqu'au point 4.1. inclus)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)

ORDRE DU JOUR

Séance secrète :

1. Enseignement musical: démission volontaire d'une employée communale - décision.
2. Enseignement: nomination de quatre aides-éducateurs (m/f) à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décisions.
3. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise- avis.

Séance publique :

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   - 5.1. Conseil communal: commission des Affaires culturelles et de la Promotion touristique - démission, nomination - décisions.
   - 5.2. Convention avec la société H & E de Rombas (F) pour la numérisation des registres de l'état civil des années 1904 à 2004 - approbation.
   - 5.3. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 5.4. Règlement général des tarifs:
     - 5.4.1. Chapitre II. Canalisation et station d'épuration: révision de la taxe d'assainissement- décision.
     - 5.4.2. Chapitre XI. Taxes de chancellerie: abolition de la taxe pour un acte de notoriété - décision.
6. Personnel
   - 6.1. Nouvel organigramme du service technique: fixation des cadres - décision.
   - 6.2. Création d'un poste de travailleur handicapé (m/f) à durée indéterminée - décision.
7. Enseignement
   - 7.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 7.2. Organisation d'après-midi de loisirs « Vakanzaktioun » en 2008 - décision complémentaire.
8. Prévisions sociales
   - 8.1. Office Social: convention, avec le ministère de la Famille et de l'Intégration concernant le fonctionnement du service régional d'action sociale à Pétange pendant l'exercice 2008 - avis.
   - 8.2. Structures d'accueil pour élèves en dehors des heures de classe: nouvelle convention de cofinancement conclue avec l'Etat pour l'exercice 2008 dans l'intérêt des « Maisons Relais Pour Enfants » - approbation.
9. Canalisation et station d'épuration: élimination des eaux superficielles provenant du cours d'eau « Eechelsbaach » du collecteur des eaux mixtes - approbation du projet détaillé (devis, mémoire technique et plans).
10. Sports et loisirs
    - 10.1. Convention, avec l'association « Vélo-Union Esch », pour l'organisation du prologue de la course cycliste de la Flèche du Sud en 2008 - approbation.
    - 10.2. Acquisition d'une installation de chronométrage pour la piscine de Rodange - vote d'un crédit supplémentaire - décision.

11. Transports et communications: entretien des infrastructures routières - contrat d'entretien relatif à des installations de signalisation lumineuse - approbation.
12. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé de rendre public les décisions suivantes:

Démission volontaire d'une employée communale :

Mme Geneviève Conter, chargée de direction de l'école de musique, est démissionnée de ses fonctions avec effet du 1er mai 2008.

Nomination de quatre aides-éducateurs (m/f) à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine :

Mmes Goerend Pierrette et Steinebach Nadia, demeurant toutes les deux à Rodange, sont engagées comme aides-éducatrices à tâche partielle (11 heures par semaine).

Mme De Sousa Lopes Marina de Pétange est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (19 heures par semaine).

M. Gammar Medi demeurant à Bascharage, est engagé comme aide-éducateur à tâche partielle (20 heures par semaine) sous le statut de l'employé privé.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Nodeems mer d'Geheimsëtzung hanner eis hunn, wollt ech der Press e puer Informatioune ginn iwwer Personalentscheedungen, déi mer geholl hunn. Ech wollt iech matdeelen, datt d'Madame Geneviève Conter, wat zënter e puer Joer eis Direktesch vun der Musekschoul zu Péiteng war, hir Demissioun eragereecht huet an datt de Gemengerot déi op den 1. Mee – awer just als „Chargée de direction" vun der Musekschoul ugeholl huet.

Dozou hu mer véier „aides-éducateurs" oder „aides-éducatrices" genannt, an zwar „à tâche partielle". Dat ass doduerch bedéngt, datt mer zu Rodange elo, opgronn der Konventioun, méi Kanner kënnen eranhuelen an déi „Maison relais" wéi dat urspréinglech virgesi war. Mer sinn elo vun 99 op 109 eropgaangen. Dat huet och mat sech bruecht, datt mer nach hu miissten e bësse Personal astellen. Do waren zwee Poste vu je 11 Stonnen als „aide-éducateur" ze verginn. Mer haten zwou Kandidature virleien, déi och allen zwou ugeholl goufen. Et sinn dat d'Pierrette Goerend an d'Nadia Steinebach. Fir dee Poste vun 19 Stonnen, do blouwen nach zwou Kandidaturen iwwreg. Do gouf d'Marina De Sousa Lopes ugeholl. A fir de Poste vun 20 Stonne blouwen och nach siwe Kandidaturen. Do gouf den Här Gamar Medi ugeholl. Dat sinn d'Personalentscheedungen, déi Press nach schréftlech matgedeelt kritt.

Ech géif och den Här Becker entschëllegen. Hie ka leider de Mëtteg net derbäi sinn an ech géif dann de Punkt 4 aleeden. Den Här Bosseler hat déi leschte Kéier eng Fro am Kontext mam Sicona gestallt. An dofir géif ech dann elo dem Här Welter d'Wuert ginn, fir datt hien op déi Fro kann äntweren.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et ware ganz genee zwou Froen, déi den Här Bosseler gestallt hat am Kader vum 'programme d'action 2008' vun der Sicona. Déi éischt Remarque war, nodeems de Sicona d'Hecke fir d'Gemeng geschnidden huet, soll de Wee mat der Kiermaschinn vun der Gemeng propper gebotzt ginn. De Chef d'équipe vun der Sicona huet eis confirméiert, datt si am Prinzip ëmmer selwer botzen. Dat wier ëmmer esou. Déi Weeër, wou de Sicona geschafft huet, ginn nach um selwechten Dag gebotzt. Et ka virkommen, mä dat wier allerdéngs eng Ausnam, datt aus Zäitgrënn, oder aus anere Grënn, datt ee muss fort, eréischt deen Dag duerno gebotzt gëtt. Mee si botzen ëmmer selwer.

Wat d'Aarbechte beim Roudenhaff ugeet, esou ass ze soen, datt dës Aarbechten net duerch Uerder vun eiser Gemeng exekutéiert si ginn. Esou datt mir direkt näischt domatter ze dinn haten.

Déi zweet Remarque war déi, datt Beem op der Muttergotteschnippchen zu Lamadelaine ofgehae si ginn. Mir hunn datt och nogekuckt, an dës Aarbechte goufen net vum Sicona realiséiert, mee vun der Equipe vum Fierschter, an dëst op eng Demande vum Rollenger Interesseveräin. Ronderëm deen neie Mirador sinn Hecken a Gesträichs ewechgeholl gi fir eng schéi Siicht ze garantéieren. Laut dem Här Eicher géif de Rollenger Interesseveräin dës Plantatiounen am Fréijoer ersetzen. An déi dräi Bierke ronderëm d'Muttergotteschnippche goufen aus Sécherheetsgrënn ëmgeluegt, an dat op Uerder vum Préposé vun der Bëschéquipe.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif dem Här Welter Merci soe fir dës Informatiounen. Dir hutt an den Ënnerlagen och nach e puer Compte-Renduen, respektiv Informatiounen iwwer Syndikater virleie gehat fir kënne consultéiert ze ginn.

5.1.

Administration générale.

Conseil communal : commission consultative des affaires culturelles et de la promotion touristique – démission, nomination (explications par M. Mellina, bourgmestre).

Vote concernant la démission volontaire de M. Pierre Schaus comme membre effectif de la commission consultative des affaires culturelles et de la promotion touristique : accord à l'unanimité.

Vote secret concernant la nomination de Mme Adriana Di Giusto, épouse Antinori, de Pétange, comme membre de la commission des affaires culturelles et de la promotion touristique : les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

5.2.

Administration générale.

Convention, avec la société H&E de Rombas (F), pour la numérisation des registres de l'état civil des années 1904 à 2004 – dernière étape – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Eng éischt Etapp vun der Numérisatioun vun den Actë virun 1903 hu mer

scho gemaach. Elo hu mer déi zweet Etapp och gemaach, an dat gëtt eis d'Méiglechkeet fir eng vill méi séier a vill méi propper Aarbecht ze maache wann en Auszoch aus dem Register vum Etat civil gefrot gëtt.

Roger Klein (LSAP):

Mir ginn elo hei nëmme bis d'Joer 2004, an dofir wollt ech froen, ob vun 2005 un d'Acten d'office schonn numeriséiert sinn ?

Nicolas Majeres, Gemengesekretär:

Esou wäit ech weess 'Jo'. Dat sinn déi nei Programmer, a mat deenen hu mer u sech schonn alles informatiséiert. Esou datt en se net méi brauchen numeriséiert ze ginn. Si brauchen net méi gescannt ze ginn, well mer se schonn als informatiséiert Dokument hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

An der Conventioun, op der Säit 30, steet bei « Délai et installation : La prestation étant déjà réalisée, il n'y a plus de délai à définir. Les CD de cette prestation devraient être en votre possession ». Dofir wollt ech froen, wat domatter gemengt ass ?

Nicolas Majeres, Gemengesekretär:

Bei dëser Conventioun geet et elo nach drëm fir déi verschidden « mentions marginales » propper ze maachen. An dat muss op der Hand gemaach ginn. Et ass dat, wat elo nach muss gemaach ginn. D'Acte sinn alleguerte gescannt, wann ech et richteg an der Kopp hunn. D'Acte sinn alleguerte gescannt an um CD disponibel, mä et mussen nach verschidde Botzaarbechten op verschiddenen Actë gemaach ginn. An datt ass dat heiten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass déi lescht Etapp vun deem Ganzen. Et ass dat heite jo och nëmmen ee ganz klengen Deel vun der Zomm. Well dat eent war fir 33.000 €, an dat hei ass elo de Schluss, deen nach muss gemaach ginn. An da si mer mat deenen Aarbechte fäerdeg. A mir hunn nach miissten eng Conventioun maachen, well déi aner Conventioun vum 26.03.2007 nëmmen een Deel ofgeséchert hat.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Titres de recettes : déclarations diverses au montant total de 4.067.148,97 €, dont – pour l'année 2007 – part de l'Etat dans les frais de remplacement de l'enseignement primaire (1.145.612,82 €), subside de l'Etat pour l'extension de l'école 'Am Paesch' à Rodange (50.000 €) et – pour l'année 2008 – dotation de l'Etat (2.453.210 €) - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Zum Deel hu mer nach hei Recetten – an dat ass wahrscheinlech och nach den nächste Gemengerot de Fall – aus dem Joer 2007, déi mer nach ratifizéiere mussen. Donieft hu mer awer och scho Recetten aus dem Joer 2008, an do gesitt der, datt mer schonn déi éischt Avance vun der Dotation de l'Etat vun 2.453.210 € kritt hunn. Fir d'Joer 2007 gesitt der, datt mer all déi Remboursementer iwwerwise krute vum Ministère iwwert d'Ersetze vum Léierpersonal. Dat ass och eng déck Zomm. Alleng am Primärunterrecht mécht dat 1.145.612,82 € aus.

Am Total sinn et Recetten an der Héicht vun 4.067.148,97 €. An do wier och nach ervirzesträichen, datt mer nach eng Kéier en Deel vum Subsid vum Stat fir d'Päsch-Schoul kritt hunn. Et sinn dat 50.000 €, mä et steet awer nach eng gutt Zomm op, esou datt mer awer och do, lues a lues, d'Subsiden erakréien.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt froen, zu de Punkten « part de l'Etat dans le remplacement », ob dat just nëmmen d'Remplacementer vum Léierpersonal sinn ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, dat ass esou, mä bei deene Remplacementer muss ee ganz gutt oppasse wat dat heescht. Dat heescht net onbedéngt, datt déi Leit krank waren, mä dat heescht zum Beispill, datt e Schoulmeeschter am Prinzip 23 Stonnen, oder wann en e bestëmmten Alter huet, nëmme 20 Stonnen ze prestéieren huet. An tëscht deenen 20 Stonnen an deenen 28 Stonnen, wou Schoul ass, a wou och Morale laïque gehale gëtt, ginn zum Deel Chargés de cours agestallt. Nëmmen déi, di vun der Gemeng nominéiert ginn, an déi effektiv en Diplom hunn, ginn direkt vum Stat bezuelt, a mir rembourséieren dem Stat een Drëttel. All déi aner, déi Chargé de cours sinn, an dat sinn der bal 30, do bezuele mer d'Pei komplett, a mer kréien zwee Drëttel vum Stat zeréck. Ënnert dem Strëch bléift een Drëttel zu Laaschte vun der Gemeng. An deem heite Fall hu mir d'Sue virgestreckt, am mer kruten d'Sue rembourséiert. Op der anerer Säit wäerte mer am Mäerz / Abrëll d'Suen – deen een Drëttel - un de Stat bezuele vum leschte Schouljoer.

Dat heescht, de Gros vun dëser Zomm huet näischt mat Krankmeldongen ze dinn.

Camille Bosseler (CSV):

Wéi héich ass den Absenteisme da beim Léierpersonal ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat gesitt der ëmmer bei de Gemengerotssëtzungen ënnert dem Punkt 'Contrat de travail signés avec le personnel enseignant suppléant'. Haut hu mer jo och esou ee Punkt op der Dagesuerdnung.

Approbation à l'unanimité.

5.4.1.

Administration générale.

Règlement général des tarifs, chapitre II. Canalisation et station d'épuration : révision de la taxe d'assainissement – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt proposéiere mer eng Revisioun vun der Taxe d'assainissement. Bis d'Joer 2010 musse mer op Grond vun enger europäescher Direktiv käschtendeckend sinn um Niveau vun eisen Taxe wat d'Waasser an d'Ofwaasser betrëfft. Mir wëssen awer och, datt mer dat net kënnen an engem Coup maachen, well dat géif fir d'Leit sécherlech e ganz schroe Changement ginn. Doduerch kucke mer fir dat an Etappen ze maachen. Et gëtt ëmmer erëm vun engem Waasserpräis geschwat – wann een et elo käschtendeckend wëll maache bis d'Joer 2010, an den Inneministère seet dat jo och ëmmer erëm – datt ee bei 5 € de Meterkipp läit. Fir de Moment leie mer nach e gutt Stéck dovunner ewech. Mir sinn emol nach net bei der Halschent vun deem Chiffer. An doduerch gouf d'Initiativ vum SIACH geholl, fir ze soen et wier noutwenneg – wann haut ëmmer nees vun engem harmoniséierte Waasserpräis geschwat gëtt – fir op mannst um Niveau vum Ofwaasser, wou mer ee gemeinsame Syndikat hunn, an deene verschiddene Gemengen dee selwechte Präis ze hunn. De SIACH huet erausfonnt, datt den Ofwaasserpräis bei 2 € de Meterkipp géif leien, an dofir proposéiert hien deene 4 Gemengen, datt den Ofwaasserpräis soll op 1,22 € pro Meterkipp eropgoen. Domatter si mer nach e Stéck vun deenen 2 € ewech, wou mer awer fréier oder spéider musse landen, a bis 2010 sécherlech wäerte landen. Déi dräi aner Gemengen hu sech och bereet erkläert fir déi Adaptatioun an däer Form ze maachen.

Mir proposéieren dem Gemengerot fir och dee Wee ze goen, esou datt mer ab dem 1. Juli 2008 an deene 4 Gemengen, déi un de SIACH ugeschloss sinn, déi selwecht Ofwaassertax applizéiere wäerten. An dat wieren dann 1,22 € pro Meterkipp.

Esouwäit ech weess huet och d'Finanzkommissioun dat esou guttgeheescht. Ech géif awer dem Här Polfer nach d'Wuert gi fir d'Propositioun vun der Kommissioun duerzeleeën.

John Polfer (CSV):

D'Finanzkommissioun huet déi Tax hei guttgeheescht. Si ass der Meenung, datt mer hei zu Lëtzebuerg, wat d'Ofwaasser ugeet, nach am 18. Joerhonnert liewen. Mir kënnen houfereg sinn, datt mer hei an eiser Gemeng eng performant Kläranlag hunn. An ech hoffen, datt mer och geschwënn alles drun ugeschloss hunn. Dat kënnen déi op der Musel an um Stauséi net soen. Well grad am Stauséi, wou mer eist Drénkwaasser hierkréien, do gëtt et keng Kläranlag. Dat soll nëmmen niewebäi bemierkt sinn.

E puer Bedenken hat d'Finanzkommissioun, wat déi manner bemëttelt Leit ugeet. D'Kommissioun suggéréiert dem Schäfferot fir d'Barêmen oder, esou wéi dat an eisem Volleksmond heescht, d'Gromperegeld nozekucken, ob se nach aktuell sinn, oder ob se och miisste vläicht ugepasst ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv ass dat eng Iwwerleeung wäert. An Taxenerhéijunge wäerten nach an d'Haus stoe wa mer eis un dat hale wat d'europäesch Gesetzgebung eis virschreift. Sécherlech wäerte mer doduerch op Präisser kommen, déi fir manner bemëttelt Famille schwéier ze verkrafte sinn. An dofir, mengen ech, miisst ee Begleedmoossname kucken. Mir mussen eis an deenen nächste Wochen a Méint domatter beschäftegen, a wéi fern datt mer, duerch eben esou Mesuren, wéi se den Här Polfer elo ugeschnidden huet, dat kann opfänken, fir datt et fir d'Leit keen esou ee krasse Problem duerstellt.

Ech géif awer soen, datt de Gros vun eise Bierger sech wäerte mussen un dat hale, an och dee Präis bezuelen, deen elo hei definéiert ginn ass.

Camille Bosseler (CSV):

Ech fannen et korrekt, datt periodesch déi Präisser ugepasst ginn. Net datt mer ob eng Kéier an eng Situatioun kommen, wéi et schonn emol an der Vergaangenheet de Fall a muenche Gemenge war. Déi wollte salonfäeg bei der Wielerschaft bleiwen, an de Präis esou niddereg wéi méiglech loossen. Dunn hu se awer miissten op eemol horrent an d'Luucht goen. Dofir fannen ech et gutt, datt d'Präisser periodesch ugepasst ginn.

Accord par 8 voix (CSV, DP) et 6 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Europäesch Direktiv oder net. Ech mengen dat hei ass e liewenswichtegt Element, wat de Leit natierlech erëm an de Portefeuille schléit. Selbstverständlech ass déi Propositioun vun der Finanzkommissioun ze luewen, an ech géif iech och bieden dat ze iwwerpréiwen, an da kéinte mer emol kucken, ob mer eis domatter kéinten ufrënnen.

5.4.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs, chapitre XI. Taxes de chancelleries : abolition de la taxe pour « l'acte de notoriété » (renseignements sur la dévolution des successions) – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt huet de Gemengerot héchstwahrscheinlech manner Problemer fir ofzestëmmen, vu datt mer eng Tax ofschafen. Dat gëtt et eigentlech ëmmer manner. Wourëm geet et ?

Mir wëlle keng Tax fir den 'acte de notoriété' méi weiderféieren, well den Inneminister eis recommandéiert huet fir keng Renseignementer méi iwwert d'Successiounen ze ginn. Hien ass der Meenung, datt mir als Gemeng net richteg adaptéiert si fir dat ze maachen. A wa mer keng Renseignementer méi ginn, da brauche mer och déi Tax net méi, well se jo keng Daseinsberechtegung méi huet.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Personnel.

Nouvel organigramme du service technique, fixation des cadres – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn en neie Relevé opgestallt op Grond vum Ëmsetze vum neien Organigramm. Et gëtt deem och Rechnung gedroe wéi déi verschidden Effektiver an Attributioune sinn. Donieft si jo och Leit a Pensioun gaangen, déi mer schonn an deem neien Organigramm considéréiert hunn. Aus deem Ganzen eraus géife mer iech proposéieren eisen Organigramm ze erweideren duerch d'Astelle vun engem Artisan CATP am 'métier du magasinier' fir eise Service 'Propreté et Magasin'. Mir hu wëlles fir de Moment schonn e Magaséng virtuell ze féieren, ouni datt mer elo schonn eng zentral Plaz hu wou alles zesummekënnt. Mir sinn der Meenung, datt mer doduerch e ganze Koup Sue kënne spueren, an Transparenz an eisen Akeef kréien, déi fir de Moment vläicht net esou kloer ass.

Mir wollten iech proposéiere fir en 'ouvrier polyvalent' eranzehuelen, deen dann am Service 'Espaces verts' wier, an deen disposéiert wier fir eis Doudegriewer noutfalls ze remplacéieren. Et soll och en Aarbechter am Recyclingzenter agestallt ginn, fir déi Perte, déi mer do hunn, ze kompenséieren. Op der anerer Säit sinn nach 2 'ouvriers de nettoyage à mi-temps', déi sollen agestallt gi fir de Reclassement interne ze kompenséiere vun 2 Aarbechterinnen, déi reklasséiert si ginn. Mir géifen dann och 2 Aidesportiers ernenne fir de Centre sportif vu Péiteng an den Hal polyvalent zu Rodange, wou déi Struktur feelt.

Mir wollten iech dee ganzen Organigramm an däer Form presentéiere fir déi ganz Transparenz ze weisen, wéi eis Regiebetriber an déi ganz Servicer opgebaut sinn. Dës Propositiounen hunn och den Aval kritt vun der Aarbechterdelegatioun, well se och conforme si mat der 'Convention collective'.

Op der Säit 58 vun den Ënnerlage gesitt der wéivill Leit mer beschäftegen. Dat wieren dann 130 Aarbechter an de Regiebetriber, an 18 Aarbechter an deenen eenzelne Verwaltungen, wéi de PiKo, Recyclingzenter, Repas sur roues oder Structures d'accueil. Esou datt mer 148 Aarbechter beschäftegt hunn an deene verschiddene Sparten.

Et sinn 17 professionell Chaufferen drënner, 23 Artisans CATP an 9 Portieren, déi och den CATP hunn. Et ass och bemierkenswäert, datt déi ganz Equipe vun deenen 148 Aarbechter praktesch duerch 4 Chefs d'équipe a 4 Kontermeeschteren gefouert gëtt. Et muss een awer och dobäi soen, datt mer am Service de recyclage och nach e Kontermeeschter hunn, dee separat opgelëscht gëtt well hien eng aner Carrière huet. An och am Service 'Espaces verts' ass en anere Kontermeeschter, deen an enger anerer Filière leeft, mä et ass awer esou, datt mer d'Offizéier e bëssen ofgebaut hu fir doduerch vläicht méi Zaldoten ze hunn. An dat ass och d'Signal, dat vun hei soll ausgoen, datt et eng gutt a performant Equipe ass, déi gutt encadréiert ass, ouni awer zevill däer Plazen ze hu wou

net méi esou manuell geschafft gëtt. Mir hätte gären, datt op der Plaz d'Aarbecht gemaach gëtt, an dat hei schéngt och esou ganz gutt ze fonctionnéieren. Op jiddwer Fall si mer no der éischter Evaluatioun, déi mer gemaach hunn, zefridden, a wa mer elo nach déi Leit bäikréien, déi mer dann op Grond vun däer heiten Décisioun – wann de Gemengerot se sollt huelen – kënnen astellen, da sinn ech iwwerzeegt, datt mer eng performant Aarbecht dobausse gemaach kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass mer selwer och opgefall, datt zum Beispill do steet, datt d'Steemetzer zum Beispill ënnert de Gäertner lafen. Ech fannen dat vu mir aus keng glécklech Léisung fir déi ënnert d'Gäertner ze stellen. Dat ass fir mech awer e Fach fir sech, an déi sollen net ënnert den 'espaces verts' stoen. Ech konnt dat gesinn, wou vis-à-vis vu mengem Haus geschafft ginn ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir schwätzt vun de Plantatiounen, déi do ewechgeholl si ginn. Dat waren d'Gäertner. Do goufen och Steng geluegt. An déi Steng goufe vun de CAT-en geluegt.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Steemetzer stinn ënnert dem Département 'Propriété'. Si ginn net ënnert der Gäertnerei gefouert. Si ginn awer heiansdo emol vun anere Servicer 'gelount', zum Beispill wa bei Gréngflächen och Steemetzesch-aarbechten ufalen.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann ass dat an der Rei, a meng Fro ass domatter beäntwert.

Camille Bosseler (CSV):

Wa mer Leit astellen, als Handwierksmann oder als Artisan, dann ass et fir se anzestellen, datt do wou Aarbechter gebraucht ginn, se och sollen hikommen. Si sollen esou agesat ginn, datt se fir d'Gemeng schaffen, an datt een deem aneren an deene verschiddene Servicer kann hëllefen.

Jeannot Linden (LSAP):

Et kann dach net sinn, datt ee Schweesser eng Aarbecht vun engem Elektriker ka maachen. Jiddereen huet jo awer e spezifescht Handwierk geléiert. Et kann een se net duercher-nee geheien.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wëll elo net direkt soe fir se duercherneen ze geheien, mä normalerweis ass et esou, datt een d'Leit soll esou gebrauche wou se gebraucht ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Et gëtt keen Elektriker geholl fir Schweessaarbechten ze maachen, an ëmgedréint och net. Jiddereen huet seng Spart an däer hie schafft. Mä wann awer Elektrikeraaarbechten an engem 'espace vert' ze maache sinn, da kënnt een Elektriker dohinner fir dat ze maachen.

Camille Bosseler (CSV):

Mä wann ech Portier sinn, oder ech hunn een Handwierksmann agestallt als Portier, dann ass et net fir ze waarden, datt de Betrib soll komme fir eng Klensch ze flécken. An et ass net, datt en Elektriker muss komme fir eng Bier anzedréinen. Esou Aarbechte mussen awer vun deene Leit selwer gemaach ginn. Wou se gebraucht ginn, sollen se och agesat ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu jo ganz kloer am Organigramm gesot, datt mer 'Portiers-artisans' hunn. Dat ass e Pool vun Handwierker, an déi hunn, nieft hirer Fonctioun vu Surveillance a Garde vun de Gebaier, och handwierklech Saachen ze maachen, a wou se och an engem Pool fonctionnéieren. Wann also ee Portier-artisan, deen och Installateur ass, an deen zu Rodange affektéiert ass, da kann deen och op Péiteng komme fir ee Krunn ze ersetzen. Dat selwecht gëlt och fir een, deen Elektriker ass. Mir hunn ee Pool deen dréint, a si si Portier zu engem Deel, an Handwierker zu deem aneren Deel. Ech géif soen, datt mer mat deem System, a mat deene Leit déi mer hunn, am Gudde sinn.

Camille Bosseler (CSV):

Ech huelen un. Ech mengen, mat deene Leit alleguerten, dat sinn der ronn 140 déi mer hunn, kann ee schonn zimlech vill Aarbechte maachen. Dann dierf et net sinn, datt d'Leit engem musse soen 'kuck emol, wéi trëlle mer do', oder eent an d'anert. Dat kann et net sinn. Well mer hu Personal genuch, a mer hunn och e Fuerpark, déi grouss genuch ass, fir datt eis Gemeng ka propper do stoen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass de But dovunner, a mer si ganz zefridde mam Resultat. Dir gesitt, datt dobausse vill méi Präsenz an Asaz ass vun de Leit. An deen neien Organigramm dréit seng Friichten.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech begréissen déi Saach vun deenen zwee Aides-portiers, well ech hat schonn eng Kéier meng Doléancen un den Här Buergermeeschter geriicht. Ech ka mech net domatter ufrënnen, datt mer an deene schéine Gebaier, déi mer hei an der Gemeng hunn, Portieren op der Plaz hu wa keng Leit do sinn. An ech hoffen, datt duerch déi zwee Aides-portiers d'Horairen esou festgeluegt ginn, datt ëmmer een do ass. Well et kann net sinn, datt e Portier vun 6 bis 14 Auer schafft, an d'Botzpersonal och, an duerno, wann d'Leit kommen, kee méi do ass, an datt der vun 16, 17 Joer owes den Hal zouspären. Well déi Objete si jo awer ze deier an ze schéin, fir datt mer deene Leit se esou iwwerloosse wéi dat fir de Moment de Fall ass. An dofir begréissen ech dat heiten, an hoffen, datt et dann elo aneschters kann ugepak ginn.

Ech weess elo net, wéi den Terme 'Aide-portier' definéiert ass. Sinn dat Botzfraen oder Botzmänner, déi eng Charge weider kréien, eng Responsabilitéit weider kréien ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Prinzip war, datt bei all Gebai, wou ee Portier war, och en Aide-portier als Remplaçant war. Déi eenzeg Plaz, wou dat net de Fall war, war beim Centre sportif, wou mer zwee Portieren haten. Wou déi Rodanger Sportshal elo opgaangen ass, hu mer ee vun deenen zwee Portieren op Rodange geholl, an do war et déi logesch Schlussfolgerung, datt – well mer elo iwwerall nëmmen 1 Portier méi hunn – mer fir Rodange a Péiteng jeeweils nach en Aide-portier dobäisetzen, an datt esou d'Ersetzen och garantéiert ass, an datt deen dann och d'Responsabilitéit kann iwwerhuelen. Domatter hu mer och eng Uniformitéit an all eise Gebaier. An all Gebai ass elo e Portier mat engem Aide-portier.

Et bleiwen natierlech nach ëmmer Zäiten, wou mer keen op der Plaz hunn, well soss miisste mer an all Gebai 3 Leit hunn, an dat géif och eng deier Geschicht ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hunn och eng Zäit déi Plaz besat, déi den Här Breyer elo huet. Mir haten deemools agefouert, datt am Fong geholl Artisans-portiers sollen agestallt ginn. Dat wëll ech emol eng Kéier klipp a kloer soen. An dat hat och seng Ursaach firwat datt dat esou gemaach gi war. Well déi Leit sollten och kleng Aarbechte verriichten, déi lafend ufalen. Si sollten do si fir och klenger Aarbechte kënnen ze maachen, an datt een net all kéiers muss en Handwierker ruffen, oder e ganzen Service sech muss déplacéiere fir eng Klengegkeet ze maachen.

Dat war den Zweck vu Portier-artisan, esou wéi mir et verstanen haten. An esou, wéi ech et elo hei gesinn, schéngt dat jo nach ëmmer d'selwecht ze sinn. An dat kann ech nëmme begréissen. Mä et muss een deene Leit dat awer och kloer maachen, datt se dat musse maachen. Well et waren der, an et sinn der nach dobäi, déi wierklech näischt futtéieren, mä déi awer ënner deene Konditiounen agestallt si ginn an hir Aarbecht net maachen. An do miisst een och als Schäfferot d'Méiglechkeet hu fir déi ze deklasséieren an an déi normal Equipe eranzehuelen. Well da géif een och emol erëm e bësse méi Uerdnung doranner kréien.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir hutt ganz Recht. Dir waard 'à l'origine' vun deem Profil Portier. Et huet een awer gesinn, an dat ass och richteg, datt déi op eemol méi Portier waren. Si waren exklusiv Portier, a se haten all Ursaach fir net méi handwierklech ze schaffen. An dofir hu mer elo ee Pool gemaach, wou mer hir Zäite ganz aneschters festgeluegt hunn. Si schaffen elo am Gebai, a si sinn och 'à tour de rôle' de Weekend iwwer ze erreechen, wann eppes wier.

Mir hu se esouwäit, datt se den Tour dréinen, an net méi déi ganzen Zäit um Hënneschte sëtzen, mä datt se och déi handwierklech Aktivitéite musse matmaachen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wollt nach just eppes nofroen. Hei steet en 'ouvrier polyvalent disposé à remplacer les deux fossoyeurs', an et ass jo esou, datt en Doudegriewer jo e bëssen e spezielle Beruff ass. Sinn der awer do, déi sech als 'ouvrier polyvalent' dofir interesséieren ?

Roland Breyer, Schäffen:

Fir de Moment schéngt et esou ze sinn, datt der do wieren, déi sech dofir interesséieren. D'Plaz ass jo awer nach net ausgeschriwwen.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Personnel.

Création d'un poste de travailleur handicapé (m/f) à durée indéterminée – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Virun engem gudde Joer, den 26. Mäerz 2007, hate mer d'Décisioun geholl vun enger 'création provisoire d'un poste de travailleur handicapé à durée déterminée'. Déi 'durée déterminée' kënnt elo op en Enn. Mir hunn évaluéiert, a mer hu gekuckt, wéi déi Persoun sech an eis 'équipe administrative' agefädelt huet. Mir sinn der Meenung, datt mer dee Mann kënne gebrauche well mer vill Krankmeldongen an deem Büro hunn. Dee Huissier, dee fir de Moment do ass, huet mat der Gesondheet e puer Problemer, a mat deem heite Mann kéinte mer him e bëssen ënnert d'Äerm gräifen. Mir sinn der Meenung, datt mer en Aide-huissier kéinte gebrauchen, an dat ënnert dem Statut vum Travailleur handicapé, fir esou och dem Appel vun der Regierung gerecht ze ginn, déi seet mir sollen och behënnert Leit astellen. Och de Syvicol ass däer Meenung. Dofir si mer der Meenung, datt mer dee Poste sollen elo definitiv schafen an déi Plaz dann och auszeschreiwen.

Norbert Pierre (LSAP):

D'Gemeng huet jo verschidde Verpflichtungen, an dozou gehéiert och, fir esouvill Prozent vu senge Plazen duerch behënnert Aarbechter oder Employéen ze besetzen. Ech kann et nëmme begréissen, datt doduerch déi Leit och eng Chance kréie fir eng Aarbecht ze verriichten.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt dat selwecht soen. Et ass wierklech ze begréissen, datt no esou Leit gekuckt gëtt, fir datt déi och en Ënnerdaach fannen. Ech huelen och un, datt mer heimatter eise Prozentsaz erreecht hunn, oder leie mer schonn iwwert deem wat virgesinn ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Nëmmen zum Deel. Bei den Aarbechter si mer gutt. Do leie mer iwwer deene 5 Prozent. Bei de Fonctionnairen an Employéen hu mer dee Prozentsaz nach net grad erreecht.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification (explications par M. Mellina, bourgmestre).

Camille Bosseler (CSV):

An der Press konnt ee jo liesen, datt fir d'Opwäerte vum Beruff vum Léierpersonal op d'Barrikade geklomme gëtt. An d'Regierung hätt jo gären, datt d'Léierpersonal méi present an der Schoul soll sinn, an och soll de Kontakt mat den Elteren eropsetzen, mat zum Beispill Eltereversammlungen. Ech sinn der Meenung, datt et net ëmmer soll direkt ëm d'Gehälter goen. Well wann ech d'Gehälter huelen, an ech kucken emol e bësse ronderëm mech, mat der Präsenz, déi se an de Schoulen hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat huet jo elo net direkt eppes mat dësem Punkt ze dinn.

Camille Bosseler (CSV):

All Respekt fir eis Kanner, déi ëmmer um Terrain sinn, am Géigesaz zu hinnen. Well dat dréit och net zu engem gudde Resultat bei der Pisa-Etude bäi.

Ratification à l'unanimité.

7.2.

Enseignement.

Organisation d'après-midi de loisirs 'Vakanzaktioun' en 2008 – décision complémentaire.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

De 14. Dezember 2007 hu mer hei am Gemengerot d'Décisioun geholl fir am Joer 2008 och nees eng Vakanzaktioun ze starten. An zwar vum 21. Juli bis den 1. August. Fir datt dat awer erëm soll wéi all Joer gutt iwwer d'Bühn goen, brauche mer nach gewësse Kandidaten. Mir hunn eis festgeluegt, fir Kandidaten z'engagéieren, déi Educateur sinn an déi net manner wéi 16 Joer hunn. Dat ass eng Saach wéi mer se och schonn déi Joere virdrun haten, well mer gesot haten, datt mer keng wëllen hunn déi ze jonk sinn.

Fir déi Vakanzaktioun brauche mer dann och nach 6 Chef-moniteuren, well mer op verschidde Siten operéieren. An zwar brauche mer der zwee fir Péiteng, zwee fir Rodange an ee fir Rolleng, souwéi nach 1 Polyvalenten, fir wann deen een oder aneren emol géif ausfalen oder e Manktem géif bestoen. Dësweidere wéilte mer am léifsten d'Chef-moniteuren aus dem Corps vum Léierpersonal rekrutéieren.

Mir hätten och gären, datt d'Animateure géifen d'Coursen an d'Formatioune matmaachen, fir datt se adequat si fir kënnen iwwerhaapt als Animateur ze fonctionnéieren. Mir wëllen och d'Moniteuren indemniséieren, an zwar zu 1,20 € d'Stonn Index 100. Mir géingen och d'Moniteuren engagéieren, déi « en dernière minute » als Remplaçant miissten asprangen. Déi géifen dann 1 € Index 100 kréien.

Da wollte mer de Gemengerot och froen, ob en averstanen ass, datt de Schäfferot d'Décisioun kann iwwerhuele fir tëscht de Kandidaturen, déi erakommen, sech op 65 Moniteuren a 6

Chef-moniteure festzeleeën, esou wéi dat och schonn an der Vergaangenheet gemaach ginn ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi all Joer géife mer déi Lëscht vun alle Kandidaten och un all Conseiller viruginn, fir datt jidderee ka seng Propositiounen eraginn, a wou mer versichen deem Rechnung ze droe wat d'Conseilleren eis proposéieren.

Lily Gansen (LSAP):

Fir d'Moniteuren ze indemniséieren, déi sollen a leschter Minutt kënne rekrutéiert ginn, esou huelen ech jo un, datt se nëmmen 1 € Index 100 kréie wa se net déi richteg Formatioun hunn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass richteg. Wa se déi néideg Formatioun hunn, da kréien se dee ganze Montant vun 1,20 € Index 100 bezuelt.

Lily Gansen (LSAP):

Dir wësst jo och, datt nei Fuerderungen a Recommandatioune vum Stat komm sinn, an datt mer musse Formatioune maachen. Mir mussen 80 Stonnen hu fir datt d'Organisatiounen, d'Associatiounen oder vläicht och d'Gemengen d'Erlaabnis kënne kréie fir esou eppes ze maachen. Et besteet fir de Moment nach eng Iwwergankszäit vun 1,5 Joer, mä duerno musse mer « en règle » sinn. Doropper wollt ech och nach hiweisen. Well ech ka mer virstellen, datt dat och op d'Gemengen ausgedehnt gëtt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass mer fir de Moment nach net bekannt, oder sollt dat sech op déi Kolonië bezéie wou d'Kanner och iwwernuechten ?

Lily Gansen (LSAP):

Neen, et wieren dat all Aktivitéiten, déi ee mat de Kanner mécht. Et sinn dat 'activités sportives, culturelles ou de loisirs' mat Kanner.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ka sinn, datt mir dat eréischt matgedeelt wäerte kréien. Ech géif et och ganz gutt fannen, well mir hu jo bis elo nach ëmmer drop gehalen, datt déi Leit sollen eng Formatioun matgemaach hunn. A mir schécken se och selwer a Formatioun wa se d'Formatioun nach net sollte matgemaach hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir kucken dat doten no.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt froen, ob een d'Délibératioun net kéint e bësse méi nuancéieren ? Wann ech se « à la lettre » liesen, da geet nëmme Rieds vu Schüler a Studenten, déi bezuelt ginn, awer net vu Schülerinnen a Studentinnen, respektiv geet och vu Moniteure Rieds an net vu Monitricen. Soss gëtt iwwerall den « (m/f) » dobäigesat, a just hei net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif proposéiere fir esouvill wéi méiglech den « (m/f) » hannendrun ze setzen. Mä och ouni dat versécheren ech iech, datt mer esougutt Frae wéi Männer huelen, an et wäert esou sinn, datt sech vill méi Frae wéi Männer wäerte mellen.

Roger Klein (LSAP):

Ech bedaueren – an ech widderhuelen dat, wat ech och schonn déi Joere virdru gesot hunn -, datt d'Vakanzaktioun vun der Mëtt vun der Schoulvakanz, wou se ursrpénglech emol war, ëmmer méi un den Ufank vun der Vakanz rëtscht. An dëst Joer ass et ganz besonnesch krass, well dëst Joer ass den éischte Vakanzendag de 16. Juli. Dat heescht, et komme just 5 Deeg Vakanz, an d'Kanner hu sech kaum vun de Strapaze vun der Schoul erholl, da mussen se schonn an d'Vakanzaktioun. A wann d'Vakanzaktioun eriwwer ass, dann hu se nach 6 Wochen an 2 Deeg, wou se sech wahrscheinlech langweilen. Dofir maachen ech den Appel fir an deenen nächste Joeren nees mat der Vakanzaktioun méi an d'Mëtt vun der Vakanz hinzesteieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat kënne mer nokucken, mä et ass ëmmer ganz schwiereg. Well et sinn der ëmmer drënner, deenen den Datum net passt, well se direkt de 15. Juli an d'Vakanz ginn. An da sinn et déi, déi jäitzen, datt se näischt vun der Vakanzaktioun hunn. Anerer gi méi spéit an d'Vakanz, an déi kënnen nach vun der Vakanzaktioun profitéieren.

Ech sinn och der Meenung, datt ee sech och an enger Vakanzaktioun vun de Strapaze vun der Schoul kann erhuelen. Well et ass een ënner Kollegen, an et mécht ee Saachen, déi ee während der Schoulzäit net konnt maachen, an dat ass och eng Saach déi ganz flott ka sinn.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Prévisions sociales.

Office social : Convention, avec le ministère de la Famille et de l'Intégration concernant le fonctionnement du service régional d'action sociale à Pétange pendant l'exercice 2008 – avis.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass eppes, wat all Joer erëmkënnt, an dat zanter 2001. Fir den Exercice 2008 gouf eng Conventioun ënnerschriwwen tëscht der Madame Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, an dem Här Josy Libert, President vum Office social. Déi Conventioun soll eise Service régional d'action sociale regelen. Et gëtt drëm, an all Joer musse mer dat maachen, datt mer en 'avis favorable' zu dëser Conventioun sollen ausstellen.

Accord à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.2.

Prévisions sociales.

Structures d'accueil pour élèves en dehors des heures de classe: nouvelle convention de co-financement conclue avec l'Etat pour l'exercice 2008 dans l'intérêt des « Maisons Relais Pour Enfants » - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei hu mer och eng Conventioun, déi all Joer erëm kënnt. Et ass dat och eng Conventioun, déi ënnerschriwwe ginn ass vum Ministère de la Famille mat eiser Gemeng zesummen. Et geet an dëser Conventioun ëm eis Maisons Relaisen. Mir kréien ëmmer 50 % vum Solde vun de Fonctionnementskäschte vum Stat. Dat sinn 'frais courants d'entretien et de gestion, dépenses de personnel et déduction faite des recettes facturées'. Dat sinn Zommen, déi jo awer substantiell sinn, an zwar belafen déi Ausgabe sech op 721.928 €. Mir hunn eng Recette an de Maisons Relaise vun 133.000 €, esou datt nach Ausgaben an der Héicht vun 588.928 € bleiwen. Dorunner participéiert sech de Stat mat 294.464 €.

Roger Klein (LSAP):

Ech hu just eng kleng Fro wéinst der Form. Et ass mer opgefall, datt an der Annex 2 Korrekture mat der Hand gemaach si ginn. D'Säite si wuel paraphéiert, mä hätten net och miisste Paraphe bei d'Korrekture gemaach ginn ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat sinn déi Korrekture mat de Schülerzuelen, déi fir d'éischt op 99 gesat gi sinn, an dunn op 109 erhéicht goufen. An dann ass och nach den

Terme 'Régie propre' duerch 'Sous-traitance' zu Rodange ersat ginn. Déi Korrekture sinn op de Säiten 111 an 112 gemaach ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Paraphe ugeet, esou traue mer dem Familljeministère, a mer si sécher datt mer déi Zommen do kréien, och wann d'Korrekturen elo net extra paraphéiert si ginn.

Carlo Gira (CSV):

Ech hätt eng Fro an eng Bemierkung. Wann ech elo op der Säit 111 vun den Ënnerlage kucken, dann huet d'Madame Conter vun 2 Maisons Relaise geschwat, mä do stinn dann och nach Stonnen an de Schoulen. Wéi ass dat ze erklären ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass well mer d'Méiglechkeet hu fir op d'Schoulen auszewäiche fir gewëssen Aktivitéiten ze maachen. An dat gëtt esou pro rata gemaach. Dat sinn haaptsächlech Aktivitéiten, déi während der Fräizäit an den Turnsäll vu verschiddene Schoulen mat enger begrenzten Zuel vu Kanner kënne gemaach ginn. Dat ass och vum Ministère accordéiert ginn, well se och gären hätten, datt mer sollen Aktivitéite mat de Kanner maachen. Well een awer elo net ëmmer an der Maison Relais selwer déi gréisser Plazen huet fir dat kënnen ze maachen, accordéiert eis de Ministère fir, zum Beispill bei schlechtem Wieder, op verschidde Schoulen zeréckzegräifen.

Carlo Gira (CSV):

Sinn dat dann nëmme vun deenen 109 Kanner vu Rodange, respektiv vun deenen 60 Kanner vu Rolleng, wou der kënnen eriwwer an d'Schoul goen ? oder kommen nach zousätzlech Kanner dobäi ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, mir hunn zu Rodange 109 Kanner, an zu Rolleng 60 Kanner zegutt, an nëmme mat deene Kanner kënne mer, wa mer Aktivitéiten an enger Schoul maachen, an déi respektiv Schoule goen.

Carlo Gira (CSV):

Wann ech kucke wat dat fir ee Gerechens gëtt, da bedaueren ech déi, di mussen déi Participatioune rechnen. Well do ass den Opwand jo awer bal méi grouss wéi déi 133.000 € déi dat Ganzt kascht.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do si mer nach ëmmer an de Verhandlunge mam Ministère, well mer net esou richteg d'accord si mat der Manéier wéi et gerechent gëtt. Well et ass effektiv eng riseg Comptabilitéit. An hei am Süden hunn d'Maisons Relaise sech op Plage festgeluegt, a wou se soen, datt et an der Mëttesstonn eventuell 5 oder 6 Euro kascht. An do si mer eis am Süden alleguerten eens, a mer waarden op eng definitiv Zouso vum Ministère, wou mer gesot kréie wéi mer dierfe virgoen.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.

Canalisations et station d'épuration.

Elimination des eaux superficielles, provenant du cours d'eau « Eechelsbaach » du collecteur des eaux mixtes – approbation du projet détaillé (devis estimatif, mémoire technique et plans).

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass dat heiten een Dossier, deen op e puer Perioden zeréckgeet, a wou bis elo nach kee wollt drugoen. Mir ginn awer elo ëmmer méi gedrängt a forcéiert eppes ze ënnerhuelen. Et ass dat den Assainissement vun der Eechelsbaach, dat heescht d'Trennung vun der Eechelsbaach vum Kanal. Am Moment leeft d'Eechelsbaach duerch eise Kollekter vun den 'eaux mixtes' vu Lamadelaine, an dat leeft da riicht an d'Kläranlag, déi domatter belaascht gëtt, well d'Iwwerflächewaasser mat do dra leeft. An dat bréngt zousätzlech an onnëtz Käschte mat sech. An d'Gestion de l'eau ass scho wéi laang hannert eis, datt mer do sollen eppes ënnerhuelen. A si hunn eis elo matgedeelt, datt se eis d'Subside fir den Reeniwwerlafbecken, dee beim Péitenger Fussballsterrain gebaut gëtt, net géifen ausbezuelen, esoulaang mer net géife soen, datt mer mat den Aarbechten un der Eechelsbaach géifen ufänken. Mir ginn also ënner Drock gesat, well si et als primordial ugesinn, datt d'Eechelsbaach vum Kanal getrennt gëtt, a well et eng Mesure ass déi wichteg ass.

Et ass awer eng Mesure, déi net esou einfach ze realiséieren ass, an de Käschtepunkt spillt e wéineg d'Schwieregkeet schonn erëm. 1.880.000 € ass den Invest, dat sinn 75 Milliounen däer aler Frangen. Mir kréien zwar eng Subventioun. Déi läit awer nach net fest, mä déi wäert och net bei 90 % leien. Déi Subventioun wäert éischter bei 30 bis 40 % leien. Et gëtt also eng déck Belaaschtung fir eis Gemeng.

Wat muss elo gemaach ginn ? Mir mussen an der rue du Vieux Moulin de Kanal fänken, well dat d'Plaz ass, wou d'Eechelsbaach erauskënnt. Duerno muss de Kanal separat geluegt ginn, an d'Eechelsbaach dann och an ee separate Rouer lafe loossen. Esou datt d'Schmotzwaasser separat an d'Kläranlag geleet gëtt. Et sinn 3 Etappe virgesinn. Déi éischt Etapp ass, datt mer an der rue des Prés ufänken opzerappen. Mir maachen am Fong geholl d'Trennung vun deenen zwee, a mer fueren dann duerch eng Baulück an der rue des Prés – déi dem Här Schwab gehéiert, an deen eis och d'Erlaabnis ginn huet – eran an d'rue Jean Thill. Vun do aus fuere mer dann eriwwer op den Eck vum Haus 'Quintus', a vun do aus riicht erof, duerch d'Gäert hannert den Haiser. Et muss ee bedenken, datt do praktesch keng Plaz ass fir ze schaffen, an datt mer musse versiche fir esou mann wéi méiglech Schued ze maachen. Well mer musse mat Maschinne schaffen, an mam Kanal komme mer deelweis op eng Déift vu 5 Meter, esou datt et ee Chantier ass, dee guer net einfach ze féieren ass. Mir hate scho ganz vill Schwieregkeete fir mat den Urainer en Arrangement ze fannen. Et ass mat all Mënsch geschwat ginn. Et gëtt wahrscheinlech bei deem engen oder aneren opgerappt, a mer versiche fir esou mann wéi méiglech Schued ze maachen. Et gëtt duerno och erëm alles an d'Rei gesat. Et gi Konventioune gemaach, an d'Leit ginn ofgeséchert. Mä et bleift en delikate Chantier, well mer an de Gäert vun de Leit praktesch op den Terrasse musse schaffen.

D'Leit sinn och schonn deelweis informéiert, a ginn och nach am Detail informéiert wéi déi Aarbechte weider ginn. Mir sinn elo an der éischter Phase. Déi meescht Leit hunn och Verständnes gewisen. Et ginn natierlech och Leit, déi hir Bedenken hunn. Mir sinn och net iwwerall op déi Solutioun komm, déi ideal gewiescht wier. Et kann een och net ëmmer queesch duerch de Virgäertche fueren.

Wéi gesot, d'Leit ginn nach eng Kéier ganz kloer informéiert, wann de Gemengerot bis déi Décisioun hei geholl huet. Ech ginn awer dovunner aus, datt mer wéinst de Prozeduren dëst Joer kaum mat den Aarbechte kënne lass fueren. Mir kucken awer d'nächst Joer direkt am Januar kënne mat den Aarbechten unzefänken, well dann nach net esouvill an de Gäert lass ass.

Et ass eng Saach, déi am Kader vun de Waasserwiertschaftsmesüre muss gemaach ginn. Mir sinn elo nach

duebel ënner Drock, well d'Subsiden agefruer gi si beim Reeniwwerlafbecke beim Péitenger Fussballsterrain. Dat si grouss Zommen, well mer 90% Subside kréien.

Albert Muller (LSAP):

Wann ech dem Här Breyer seng Ausféierungen elo richteg verstanen hunn, stellen ech mer d'Fro – mat all deene Schwieregkeeten déi hei an de Raum gestallt si ginn – ob mer eis net mussen op deen een oder aneren Zousazkredit mussen astellen, dee muss an deem heiten Dossier gestëmmt ginn.

Da gesinn ech, datt den 'taux sur honoraires' hei mat 15% agedroen ass. Esouwäit ech weess, war deen awer 12%. Ass deen an der Tëschenzäit an d'Luucht gaangen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'TVA op den Honorairen ugeet, esou ass déi mëttlerweil op 15% eropgaangen.

Da wëll ech och nach déi Zousaz-kreditter uschwätzen. Hei ass en Devis gemaach ginn, an deen ass 'en due forme' gemaach ginn. A mer wëssen awer och, datt dat heiten e Projet ass, deen net einfach ze géréieren ass. Sécherlech kënnen hei Iwwerraschunge kommen, mä ech hoffen datt se net wäerte kommen. Do ginn ech dem Här Muller Recht. Mä et ass awer net esou, datt mer d'Leit elo schonn op eventuell Zousazkreditter musse preparéieren. Mir kucke fir d'Zousazkreditter ze vermeiden, obwuel mer wëssen, datt dës bei dësem Projet net ausgeschloss sinn. Well dat heiten ass ee ganz kriddelegen Dossier.

Camille Bosseler (CSV):

Ech begréissen och, datt dee Projet elo an Ugréff geholl gëtt. Well beim Fussballsterrain sinn elo nach zousätzlech Haiser bäikomm, an hannendrun ass och nach virgesi fir ze bauen. An et gesäit een, datt bei schlechtem Wieder, wann et déck reent, e gewëssene Stau vum Waasser ass. Well an deem Eck leeft aus deenen ënnerschiddleche Richtungen d'Iwwer-flächewaasser zesummen, an de Kanal packt et dann net méi.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass wouer, datt dëst en Dossier ass, deen net liicht ze handhaben ass, wann ee gesäit, wéi dat laanscht déi Haiser geet, déi den Här Breyer virdrun ugeschwat huet. Mir hu jo och d'Zeechnungen an eisen Ënnerlagen dran. Et miisst een awer kucken, mat watfir enger Phase ee fir d'éischt ufänkt, well déi mannste Schwieregkeete besti jo bei den Aarbechten tëscht der rue des Prés an der rue Jean Thill.

Mä wou et wierklech kriddeleg gëtt, dat ass do, wou mer dee Schacht hunn. Dat ass vum Haus 'Quintus' bis bei d'Lëtzebuerger Strooss.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass och dat deen Deel, deen am kriddelegsten ass, well mer do deelweis och ganz déif musse fueren. Do komme mer op 6 bis 6,5 Meter eraus. An et muss ee wierklech ganz feinfühleg schaffen, well soss kënne Schied do entstoen. Et soll een awer elo net den Däiwel un d'Wand molen. All Mënsch ass sech der Problematik bewosst. Et ass en delikate Chantier. A mer mussen och ganz kloer de Leit soen, datt mer och fir all Schued, deen eventuell entsteet, haften.

Jeannot Linden (LSAP):

Et kritt een natierlech mat dësen Aarbechten deen Deel an der rue Jean Thill, wou Problemer waren, a wou de Kanal plëtzlech an d'Luucht gaangen ass, och mat däer heite Saach behuewen. Méi et ass eng Saach, déi een net an engem Joer ewechkritt.

Lily Gansen (LSAP):

Mir gi jo mat de Subsiden ënner Drock gesot. Kënne si dann net, wa Schied sollten entstoen, dës zum Deel matdroen an eis doduerch hëllefen ? Well do kënne ganz komesch Saachen op eis duerkommen.

Roland Breyer, Schäffen:

E groussen Deel kann iwwer Assurancen ofgedeckt ginn. Et gëtt eng 'tous risques chantier', asw. gemaach. De Stat bezilt jo och duerch d'Subventioune mat. Mä de Gros wäert awer zu eise Laaschte bleiwen. Mir wäerte knapp 30 bis 40 % bäigeluegt kréien. Bei de Schied zielt och dee selwechte Partage.

Approbation à l'unanimité.

10.1.

Sports et loisirs.

Convention avec l'association « Vélo Union Esch » pour l'organisation de la course cycliste « Flèche du Sud » en 2008 – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir hunn d'Conventioun virleie fir de Prologue vun der Flèche du Sud 2008 ze organiséieren. An dëser Conventioun iwwergëtt de Vëlosclub « Vélo Union Esch » déi materiell an déi finanziell Organisatioun vum 59. Prologue vun der Flèche du Sud un d'Péitenger Gemeng.

De Prologue fënnt statt an de Stroosse vun eisen dräi Uertschaften, mëttwochs, den 30.04.2008, vun 17 Auer un an dauert 3 Stonnen. Mir bezuelen eng Tax vun 4.500 € un de Club « Vélo Union Esch », plus d'Frais d'organisation, déi och zu eise Laaschte falen. Dat sinn zum Beispill Aarbechten, déi vun eisen techneschen Servicer gemaach musse ginn, et sinn eng Rei Blummen ze kafen, eng Coupe ze stëften, den Éierewäin, asw. .

Mir hunn 10.000 € am Budget virgesinn, an dofir froen ech de Gemengerot fir dëser Conventioun zouzestëmmen.

Roger Klein (LSAP):

Ech perséinlech begréissen, datt mer déi Manifestatioun do hunn. Well d'Flèche du Sud ass nom Tour de Luxembourg déi gréisste Vëlossport-manifestatioun am Land. A wann een de Palmarais kuckt, da gesäit een, datt ganz oft Gewënner do erausgaange sinn, déi duerno eng ganz flott Proficarrière gemaach hunn.

Ech fanne just, datt mer déi Manifestatioun net grad fir näischt kréien. Et ass ee ganz stolze Präis dee mer do bezuelen. En plus gëtt jo nach alles vun eis verlaangt, an dat bis op dee leschte Bouquet dee mer musse bezuelen. Ech wëll just drun erënneren, datt mer virun enger Rei vu Joeren, dat sinn op mannst 10 Joer hir, eng Kéier den Départ vum Tour de Luxembourg hei haten, an dat war op Initiativ vun der Union Cycliste Péiteng geschitt, an dofir muss een hinnen och Merci soen, well et war näämlech ganz exceptionell. Well den Tour de Luxembourg geet soss ëmmer an der Stad fort, an op Grond vun engem ronne Gebuertsdag ass deen dunn hei zu Péiteng fort gaangen. An do waren zum Beispill Leit wéi den Lance Armstrong un den Départ gaangen, an dat huet d'Gemeng Péiteng deemools kee Frang kascht.

Also esou hunn d'Zäiten dann och geännert. Mä wann een esou eppes wëll hei hunn, da muss een haut leider bezuelen, an dat net wéineg.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg. An dat gëllt besonnesch fir de Prologue. Wann een elo eng Etappe huet, déi hei ukënnt, da wier et net esou deier. Mä de Prologue huet sécherlech e gewëssene Präis. Et kann een awer soen, datt dat doten näischt ass, wat elo fir d'éischt hei zu Péiteng bezuelt miisst ginn. Déi Tauxë sinn am ganze Land déi selwecht. An och deen, deen d'lescht Joer de Prologue hat, huet dat miisste bezuelen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt nach dobäi soen, datt anscheinend eng ganz Rei Demande vu Gemenge virleie fir dee Prologue fir déi nächste Joeren ze kréien. An dat dréckt natierlech och de Präis vum Prologue e bëssen erop.

Guy Brecht (LSAP):

Den Här Klein huet schonn alles gesot. Ech wëll just betounen, datt dat heiten nees eppes ass, wat zur Attraktivitéit vun eiser Gemeng bäidréit, an datt mer doduerch erëm an aller Mond, an an aller Press sinn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt awer och nach soen, datt eis zwee Vëlosklibb vum Prologue profitéieren, well se d'Méiglechkeet hu fir Iessen a Gedrénks ze verkafen.

Approbation à l'unanimité.

10.2.

Sports et loisirs.

Piscine de Rodange: acquisition d'une installation de chrono-métrage – vote d'un crédit supplémentaire – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Eis Soumissioun fir déi mobil Chronométrage-Installatioun, déi an der PiKo-Schwämm zu Rodange gebraucht gëtt, ass ofgeschloss, a mir hu festgestallt, datt déi 72.000 €, déi am approuvéierte Budget 2008 stinn, net méi duerginn. D'Erklärung ass déi, datt et ëmmer besser an nei Technologië gëtt. Mir hunn d'Integratioun vum Bluetooth mat offréiert kritt, esou datt d'Resultater direkt iwwert den Tableau d'affichage vun de Medie kënnen ofgeliess ginn. Well eis Schwämm déi olympesch Moossen huet, an doduerch international Competitiounen ofgehale kënne ginn, si mer der Meenung, datt mer net hannert deenen neien Technologië solle lafen, an eis fir dat rezenst Material sollen entscheeden. Ech feelt eis e supplementare Kredit vun 4.500 €. Mir hunn iech eng ganz detailléiert d'Gemengefinanzsituatioun bäigeluegt, déi op den 19. Februar 2008 à jour gesat ginn ass, esou datt der feststelle kënnt, datt mer mat däer supplementarer Dépense vun 4.500 € eis Gemengefinanzen nach ëmmer am Boni sinn, mat enger Disponibilitéit vun 19.589,24 €.

Guy Brecht (LSAP):

Dat hei ass een Artikel, dee mer schonn e puer Budgeten mat duerchzéien. An ech ginn d'Impressioun net lass, wéi wann hei e bësse geschlampt gi wier. Dat do hätt scho laang kéinten an d'Rei gesat gi sinn. Ech weess net, wou de Feeler hung. Den Här Welter huet eis d'Erklärung elo ginn, firwat et elo 4.500 € méi deier gëtt. Déi Sue si geduecht fir eng besser Technik ze kréien, mä dat kann ee sech awer trotzdem iwwerleeën. Well menger Meenung no hätt dat dote scho laang miissten an d'Rei gesat si ginn. An do war iergendeppes vergiess ginn. Wéi gesot, ech ginn den Androck net lass, datt do e bësse geschlampt ginn ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll awer ganz kloer soen, datt en Devis do ass. Deen Devis ass opgestallt ginn an et gouf eng Soumissioun gemaach. Mir hunn elo eng Propositioun virleie fir bessert Material ze kréien. An de Schäfferot ass der Meenung, wann een elo schonn esou ee groussen Invest mécht, een dat soll maachen, an déi supplementar Ausgab mat a Kaf huelen an doduerch eng Kabellos Anlag ze hunn.

Mir kënnen eis och virstellen, datt déi Anlag kéint un aneren Associatiounen, bei anere grousse Meetingen, verlount ginn. An dat ëmsou méi well d'Anlag portabel ass. Mir hunn och schonn Demanden an deem Sënn virleien. Mä fir dee Punkt wäerte mer nach eng Kéier zeréck an de Gemengerot komme fir och ze kucken, watfir eng Tax mer géife festsetzen, an ob mer et iwwerhaapt solle maachen oder net. Mä dat géif eis awer d'Méiglechkeet gi fir dee Surcoût kënnen ze récupéréieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Meng Froe sinn elo schonns zum Deel beäntwert ginn. Mä wou den Devis opgestallt ginn ass, hu mer eis jo miissten am Virfeld ëmfroen. Gouf dann do net gesot, datt bessert Material do wier an datt dat méi deier wier ?

Gilbert Welter, Schäffen:

Bluetooth ass eppes, wat nach net esou laang um Marché ass. An effektiv war bei deene Chronoanlagen de Bluetooth nach net dran. Dat ass eppes wat fuschnei ass, an dat hu se eis och matgedeelt. Wa mer déi Anlag virun engem Joer kaf hätten, dann hätte mer dee Bluetooth net matkritt, well et dat deemools bei deenen Anlagen nach net ginn ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Hunn déi Anlage sech da schonns iergendwou bewäert, oder maache mir nees erëm en Experiment ?

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Technik Bluetooth ass jo scho bekannt. Déi ass zum Beispill bekannt am Auto oder beim Telefon. An dat fonctionnéiert ouni Problem, an dat miisst bei dëser Anlag och ouni Problem fonctionnéieren.

Lily Gansen (LSAP):

Ech kontestéieren net, datt elo eng Erhéijung komm ass. Ech kann nëmme soen, datt ech et gutt fannen, datt de Bluetooth dran ass. Well dat ass eng ganz fiable Matière, an ech kenne verschidde Schwämmen, déi domatter fonctionnéieren. Allerdéngs muss der iech keng Illusioune maachen, well d'Entwécklung vun den Technologien ass esou schnell, datt, wa mer et bis hunn, et schonn erëm aal ass.

Romain Rosenfeld (CSV):

Fir eise Schwammclub ass et wierklech eng Saach, déi sech elo konkretiséiert. An et ass eng gutt Saach, an de Bluetooth ass och an der Rei. Et ass och eng mobil Anlag, déi och zu Péiteng an der Schwämm ka profitéiert ginn. Mir hunn e kompetente Schwammclub, an dat steet hinnen zou.

Carlo Gira (CSV):

Ech kann da vläicht am Numm vun deene schwätzen, déi se duerno wäerte benotzen. Am Géigesaz zu deem, wat den Här Brecht gesot huet, muss ech soen, datt et net onbedéngt Schlamperei wor, mä et war och eng Saach fir ze kucken, datt déi ganz Anlag och kompatibel mat mat deene Programme vun der Federatioun ass, esou datt dat och kann iwwert déi Anlag ka lafen. Dat ass eng Saach vun der Software gewiescht. Wat elo nach dobäi komm ass, ass de Bluetooth, esou datt elo d'Kabelen zum Deel ewech falen, an doduerch ass se och méi einfach ze handhaben.

Accord à l'unanimité.

11.

Transports et communications.

Entretien des infrastructures routières: contrat d'entretien relatif à des installations de signalisation lumineuse – approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Bei deene sämtlechen Ampelanlagen an der Gemeng hu mer mat dem Fournisseur e Contrat d'entrien, fir datt e soll 4 mol am Joer duerno kucken an d'Wartung dovunner maachen. Et ass dat e Kontrakt, dee vu Joer zu Joer geet. Hei geet et ëm d'Ampelanlag, déi mer bei der PiKo-Schwämm hunn. Mir wollten iech proposéieren, fir fir dëst Joer esou ee Kontrakt ze maachen, an dann ze kucken, ob mer d'nächst Joer

en nach brauchen oder net, an ob mer d'Anlag iwwerhaapt nach brauchen. Déi Anlag, datt et rout gëtt wann e Bus kënnt, wat gutt geduecht. Mir hunn awer festgestallt, datt den Trafic relativ einwandfrei an deem Quartier do leeft. Mir kucken nach iwwer d'Summerméint, ob déi Anlag wierklech muss do sinn, oder op et och ouni déi Anlag geet. A wa mer d'Anlag net méi géife brauchen, da bräichte mer och kee Kontrakt méi.

Approbation à l'unanimité.

12.

Questions des conseillers communaux.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll, ier mer d'Froe beäntweren, soen, datt mer e Reglement hunn, dat seet, datt ee pro Sëtzung dierf 3 Froe stellen. Ech gesinn, datt den Här Brecht dës Kéier 5 Froen eragereecht huet. Mir sinn awer bereet fir haut déi 5 Froen ze beäntweren. Ech géif awer en Appel maachen, datt mer eis un d'Spillregelen, déi de Gemengerot sech ginn huet, halen. Hei wäerte mer awer trotzdem op déi 5 Froen eng Äntwert ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hu mer d'Méi gemaach fir am Budget rectifié ordinaire de PiKo ënner d'Lupp ze huelen. Ech hu sämtlech Dépensë geholl an d'Recetten dovunner ofgezunn, a kommen esou op en Defizit fir d'Joer 2007 vu ronn enger Millioun Euro. Wat dann en Dagesdefizit vun 2.740 € géif ausmaachen. Stëmmen déi Zuelen, a wat gedenkt de Schäfferot ze ënnerhuele fir déi riseg Zommen an Zukunft ze reduzéieren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

A menger Budgetspresentatioun vum 7. Dezember 2007 hat ech scho festgehalen, datt am Budget 2008 1,5 Milliounen Euro, dat heescht 4,6 % vun de Revenus non-affectés, fir eis zwou Schwämme gebraucht ginn. Zur gläicher Zäit gesäit de Budget 2008 ronn 2 Milliounen Euro fir Sport a Kultur, an eng hallef Millioun Euro fir eis Musekschoul vir, wat weider 7,7 % vun de Revenus non-affectés ausmécht. Alles an allem ginn deemno 4 Milliounen Euro, dat heescht 1/8 vun de Revenus non-affectés vun der Gemeng Péiteng, an de Sport an an d'Kultur investéiert. Et ass dat eng Proportioun, déi a mengen Aen total vertriedbar ass. Dat, fir emol de generelle Kader ze ëmfaassen.

Fir dat awer an dee richtege Kontext ze setzen, géif ech Iech awer och ervirsträichen, datt an deem selwechte Budget 2008, 3,4 Milliounen Euro, also liicht manner wéi dat, wat am Total fir Kultur a Sport gebraucht gëtt, opbruecht muss gi fir d'Tilgung vu eiser Gemengeschold, eng Ierfschaft aus fréieren Zäiten, ze iwwerhuelen. Dat fir et och an de Kontext ze setzen, an e Verglach ze maache mat aneren Ausgaben déi am Budget stinn.

Vun deene 4 Milliounen Euro fir Kultur a Sport sollen, esou wéi et a voller Transparenz aus de Budgets-dokumenter ervirgeet, ronn eng Millioun Euro fir d'PiKo-Schwämm gebraucht ginn. Laut leschten Zuele vun eisem Gemengereceveur louch dëse Betrag am Joer 2007 bei 968.323,22 €, an am Joer virdru bei 855.378,53 €. Kleng Korrekture si fir d'Joer 2007 nach méiglech, well nach net grad alles ofgerechent ass. Mä dat ass wierklech minimal.

Firwat dës Progressioun vun engem Joer op dat anert ? D'Explicatioun ass kloer. Fir d'alleréischt ass dat um Niveau vun den Energiekäschten, Elektresch a Gaz. An dat ass bedéngt duerch d'Präisdeierecht, wou eng Hausse vun 15 % ze verzeechnen ass. Dësweideren ass de Waasserverbrauch - aus engem Grond wou eis Techniker nach am gaange sinn d'Ursaach ze sichen, a wou mer och heibanne schonn eng Kéier driwwer geschwat hunn - an der leschter Period vum Joer 2007 an d'Luucht gaangen, an dat ëm 50 %. Dat ass nach en Dossier, wou nogekuckt muss ginn.

An dann ass d'Botze vun der Schwämm – an dat ass eng normal Deierecht – ëm 9 % an d'Luucht gaangen.

D'Personalkäschten dogéint, déi ronn 40 % vun de Bruttoausabe vum PiKo ausmaachen, klammen am Joer 2007 viraussiichtlech onwesentlech par rapport zum Joer 2006, dat heescht ëm knapp 1 %. Eng Progressioun, déi awer am Joer 2008, alleng wéinst der Indextranche, déi am Mäerz 2008 erfält, méi héich wäert ausfalen.

Aus deenen Haaptzuelen – well dat dote sinn déi gréissten Zuelen – gesitt der, datt – mat Ausnam vum Waasserkonsum – kaum Spillraum fir eng Reduktioun vun de Käschte vun der Schwämm do ass. Eng Schwämm huet nun emol säi Präis, an dat ass fir déi Rodanger Schwämm net aneschters wéi fir aner Schwämmen am Land.

Wa mer deemno dësen Defizit, deen nach iwwer eng hallef Millioun Euro méi héich géif leie wa mer den Amortissement vum Gebai a vun der Installatioun mat arechne géifen, reduzéiere wéilten, esou wier dat nëmmen iwwer eng Upassung vun den Entréesbilljeeë méiglech. Effektiv ass dëse Präis zanter der Ouverture vun der Schwämm viru knapp 3 Joer onverännert bliwwen, wat exceptionell ass. Well wat gëtt et haut schonn nach, wat d'selwecht kascht wéi virun 3 Joer ? D'Rodanger Schwämm ass de Fall. Trotzdem huet de Schäfferot net geplangt, fir am Joer 2008 den Entréespräis vum PiKo ze héijen. Hie miisst dat awer maache wann en Ärer Opfuerderung, den Defizit ze reduzéieren, nokomme wéilt.

Et ass deemno gutt fir eis Bierger, wann de Schäfferot net ëmmer der Oppositioun nolauschtert.

Guy Brecht (LSAP):

Dierf ech just eppes dozou soen. Dir hutt elo just vun deem héije Waasserverbrauch geschwat. Wa meng Informatioune richteg sinn, dann ass e Problem mat engem Basseng. A wann dat bis an d'Rei gesat ass, da geet de Waasserverbrauch och nees erof ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass dat eenzegt, wou ech elo nach e Problem gesinn. An den Här Polfer wollt och nach eppes dozou soen.

John Polfer (CSV):

Wat de Waasserverbrauch ugeet, datt deen eropgaangen ass, esou huet dat och domatter ze dinn, datt no engem anere System gefuer gëtt, an datt se pro Schwëmmer, deen dohinner kënnt, esouvill Liter frëscht Waasser mussen erëm eralafe loossen. An dat ass eng Recommandatioun, no däer se – mengen ech – an Däitschland fueren, a wou se sech och elo zu Rodange drun halen. Dat erkläert och, datt zum Deel de Waasserverbrauch an d'Luucht gaangen ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass awer esou, datt mer gréisser Variatioune vun engem Mount zum aneren hunn. Ech hunn dat haut nach nogekuckt, an et ass dat, wat fir mech e wéineg onverständlech ass. A mer sinn am gaangen duerno ze kucken. Mä dat géif vläicht 3-4 % vum Defizit ausmaachen. Et ass awer net esou, datt dat eng enorm Influenz op den Defizit huet, well dee gréissten Deel – an dat hunn ech versicht hei ze erklären – sinn d'Personalkäschte mat 40 %. An do muss een an deem Kontext ganz kloer soen, datt do och eise Schoulsport dra stattfënnt, a wou eis Schwammmeeschteren dann och do sinn. Et ass net nëmme fir de Loisirs, mä och fir eis Schoul ze garantéieren, an eis Aufgaben, déi mer vis-à-vis vun eise Schoulkanner hunn, ze garantéieren. A wann ech déi Appeler, déi ech ëmmer erëm héieren,

och vum Gesondheetsminister, datt eis jonk Leit sech sollen a musse bewegen, dann ass d'Interventioun vun der Gemeng, fir all 8ten Euro an de Sport, respektiv an d'Kultur ze investéieren, sécherlech net zevill an et ass eng Proportioun déi fir mech nach an der Rei ass.

Guy Brecht (LSAP):

Ech sinn dee leschten, deen eppes géint de Schoulsport huet, mä et ass eben enorm héich.

Déi zweet Fro huet och mam PiKo ze dinn.

Am Blad 'Meng Gemeng' hunn ech gelies vun enger 'Journée Wellness' am PiKo. An do steet och, ech zitéieren « Le nudisme est toléré ». Meng Fro : Lafe mer do net Gefor, wann dat schonn esou ëffentlech publizéiert gëtt, datt mer vläicht méi ongebueden Zaungäscht unzéie wéi eis léif ass, an déi sech eventuell baussen d'Nues platt drécken. Oder wéi gëtt deen Nudisme do gehandhabt ?

Gilbert Welter, Schäffen:

Beim Wellness Day ass et Usus, och an anere Schwämmen, datt deen een oder aneren, nodeems en aus der Sauna kënnt, ouni Maillot schwamme geet. De Message 'le nudisme est toléré' ass geduecht, fir datt jiddereen am Viraus weess, datt – wann en an de PiKo kënnt – deen een oder anere vun deenen Erwuessenen eventuell do schwëmmt, ouni datt en eppes un huet. Duerch dësen Info-Message ka jiddereen am Viraus seng eegen Décisioun huelen, ob en um Wellness Day mat mécht oder net. De PiKo fonctionnéiert normal bis 12 Auer, an duerno ass d'Schwämm zou bis mëttes 16 Auer, an um 16 Auer geet am Fong geholl dann dee Wellness Day un. An dat geet bis owes 22 Auer. Den Tarif ass 11 €, an et sinn eng ganz Rei Saachen, déi an deem Präis abegraff sinn, wéi zum Beispill d'Benotze vun der Sauna, vun der Schwämm, dem Whirlpool, Séance vun Aquagym an Aquabike, Informatiounen iwwert Schwammsytler, eng Coupe Crémant, asw. . D'Massage si Supplément.

Et heescht 'le nudisme est toléré' datt mer en acceptéieren, awer mir loosse jidderengem säi fräie Wëlle fir dat ze maache wat hie fir richteg fënnt. A wichteg ass och nach vläicht ze soen, datt een, deen nach keng 18 Joer huet, och net erakënnt.

Guy Brecht (LSAP):

Während deene leschte staarke Reefäll ware vill vun eise Stroosse regelrecht iwwerfuerdert. Dat Beispill, dat ech an enger Foto dokumentéiert hunn, ass vu Rodange, bei der Kierch. Do sammele sech déck Pill just bei engem Zebrasträife wou vill Kanner, an och Erwuessener, driwwer ginn. Wat gedenkt de Schäfferot do ze ënnerhuelen, fir datt esou eng Situatioun sech net méi ergëtt ?

Roland Breyer, Schäffen:

Mir brauchen näischt ze ënnerhuelen, well mer schonn eppes ënnerholl hunn. Et ass esou, datt déi zwee Syphonen duerch Mortier verstoppt waren. An eise Service Hygiène et Eaux war op der Plaz an huet de Problem behuewen. Et fonctionnéiert erëm alles einwandfrei, an d'Fotoe kënnen an d'Archive geluegt ginn.

Guy Brecht (LSAP):

D'Kommissioun « Relations publiques et du Tourisme » huet scho wéi laang net méi getagt. Do war awer gesot ginn, datt all Kéiers, wann ee « Meng Gemeng » géif erauskommen, déi Kommissioun hiren Avis sollt doriwwer ofginn. Ass dat opgehuewe ginn, oder wat ass d'Ursaach, datt déi Kommissioun net méi zesumme kënnt ?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Kommissioun war wuel e Strapp net méi zesummen. Et muss een awer och ëmmer kucke wat d'Aufgab vun enger Kommissioun ass. Déi Kommissioun ass iwweregens elo nei genannt ginn. Si heescht elo 'commission des relations publiques, de la communication et des cérémonies'. An d'Kommissioun soll all kéiers en Avis ofginn iwwert déi eng oder aner Aspekter vun deene Beräicher. Si ass awer elo net méi geduecht ze fonctionnéiere wéi se virdru fonctionnéiert huet.

Wou déi éischt Editioune vum 'Meng Gemeng' erauskomm sinn, du war d'Kommissioun aneschters zesummegesat, an de President vun däer Kommissioun war den Här Henri Krecké, an hien hat sech hirgi fir de 'Meng Gemeng' selwer ze schreiwen. Dat heescht, hien huet am Fong geholl der Kommissioun eng Virlag bruecht, an d'Kommissioun huet dat begutachtet, an et ass vun ënnen erop un de Schäfferot komm. Haut hu mer awer eng aner Formule. Deen 'Meng Gemeng' gëtt elo duerch eise Service Relations publiques gemaach, an dat a Mataarbecht vun engem aussestehende Fachmann. Mir hunn e Redaktiounsstab, an de Schäfferot kritt de Contenu vun all Editioun vun deem virgeluegt. Esou datt d'Kommissioun net nach emol driwwer muss befannen, well soss miisste mer och all Analyteschen an d'Kommissioun ginn, ier mer en erausginn.

Mir hunn och bei de Zeremonien d'Kommissioun ëmmer gefrot, wéi mer déi verschidde Feierlechkeeten, wéi zum Beispill den Nationalfeierdag, aneschters gestallten. Mir hunn en Avis kritt, a mer ginn elo net erëm all Joer an d'Kommissioun zeréck, well mer elo de Schema approuvéiert hunn.

Selbstverständlech kann d'Kommissioun elo erëm eng Kéier zesummekommen. Wann nei Iddien do sinn, da sollen se op den Dësch kommen. Mä an deene leschte Sëtzungen, wou d'Kommissioun iwwert d'Publikatioune vun der Gemeng geschwat huet, hat d'Kommissioun näischt auszesetzen. Dat heescht esougutt beim 'Meng Gemeng', dem 'Péiteng Aktuell', dem Internetsite, dem Info-Canal, dem Guide du citoyen, asw., wier näischt ze beantstanden, an dat géif ganz gutt lafen. An ech mengen, dir sitt och zefridden domatter, well dir hutt den 10. Dezember 2007 hei an der Sëtzung gesot: "Positiv stellt sech d'Gemeng duerch seng Publikatiounen a seng Internetsäit duer". Also ass alles am Botter.

Guy Brecht (LSAP):

Virun e puer Wochen huet Siemens einfach, vun haut op muer, den NDR vun der Gemeinschaftsantenn erofgeholl. Ass dat eng Taktik fir d'Leit drun ze kréie fir sech en Decoder ze kafen ? Well eise Buergermeeschter ëmmer gären e Verglach mat anere Gemengen zitt, wollt ech him d'Beispill vun der Gemeng Monnerech soen, déi di Decoderen an enger grousser Stéckzuel kaf huet, an den Awunner gratis zur Verfügung gestallt huet. Wann dat hei och keng richteg Fro ass, esou ass et trotzdem eng Iwwerleeung wäert, oder net ?

Roland Breyer, Schäffen:

Zu der éischter Saach ass ze soen, datt mer eng Informatiounsversammlung mat Nokia Siemens Networks haten. An do ass ganz kloer de Leit gesot ginn, an dat ass och publizéiert ginn, datt elo lues a lues déi analog Programmer der digitaler Versioun musse wäichen. Et ass elo net esou, datt ab dem 1. Januar de Fernseh schwaarz géif bleiwen, mä et ass esou, datt lues a lues déi analog Programme verschwanne musse fir deenen digitale Programme Plaz ze maachen. Déi Breetband, déi mer hunn, erlaabt et net fir déi zwee mateneen ze maachen. A wa mer gären nei Programmer hätten, da musse mer aal Programmer erofhuelen.

Et ass eng ILRES-Enquête gemaach ginn, an et ass festgehale ginn, datt den NDR relativ schappeg vun de Leit gekuckt gëtt. An d'Siemens huet

dorophin d'Décisioun geholl fir dee Programm ofzehuelen. An et wäerten nach Programmer am Laf vum Joer nokommen, a bis 2012 sinn déi analog Programmer alleguerte verschwonnen, an et muss een en Decoder hu fir kënnen d'Tëlee e kucken.

Déi traditionell Programmer wäerte wuel nach bestoe bleiwen, mä vun deene 40 Programmer, déi fir de Moment do sinn, wäerten der nëmmen nach eng Dozen iwwereg bleiwen.

Guy Brecht (LSAP):

Et wier awer gutt, wann d'Leit driwwer informéiert ginn, watfir Programmer verschwannen. Ech weess, datt zu Rodange e regelrechten Ustuerm op d'Decodere war, wou den NDR bis erofgeholl gi war. Ech weess net, wou déi ILRES-Etude gemaach ginn ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir leeën iech déi ILRES-Etude op den Dësch, an da kann ee schonn e bësse spekuléiere wat fir d'nächst ewechfält. An et wäerten all Joer eng 5 bis 6 Programmer verschwannen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll awer nach op eppes agoe wat den Här Brecht gesot huet. Hie sot, ech géif ëmmer Vergläicher hei maachen. Ech erënnere mech awer net drun, datt ech an engem iwwerméissege Mooss ëmmer hei Vergläicher mat anere Gemengen zéien. Ech sinn iwweregens der Meenung, datt esou ee Verglach an engem gewëssenen Zäitraum nëmmen da Sënn mécht, wann een et bei generelle politeschen a finanzielle Kontexter mécht, an net bei engem eenzelne Fall. Well ech mengen, wa mer wëllen hei Decodere kafen an eise Bierger gratis zur Verfügung stellen, dann ass dat net well Monnerech dat mécht, mä dann ass dat eng isoléiert Décisioun déi mir als Gemeng Péiteng wëllen huelen. An da miisste mer einfach eng Kéier hei am Gemengerot dës Optioun huelen, an da miisst een déi néideg Kreditter zur Verfügung hunn. Mir stellen awer fest, wou mer iwwer de Budget 2008 geschwat hunn, eigentlech keng esou eng Revendicatioun vun de Conseillere komm ass. An ech sinn och net der Meenung, datt et eigentlech d'Aufgab ass vun enger Gemeng, fir gratis Decoderen ze verdeelen. Dat ass meng ganz perséinlech Meenung. Wann awer eng Majoritéit vum Gemengerot anerer Meenung ass, da musse mer iwwer déi Saach diskutéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn och ronn 4.800 Uschlëss un d'Gemeinschaftsantenn. An dat ass net all Stot, well mer hunn awer ronn 7.000 Stéit hei an der Gemeng. Wa mer elo géifen higoen, an deenen engen en Decoder kafen, da miisste mer deenen aneren eng Schossel kafen, wa mer gären d'Equitéit hunn.

An déi Decoderen ass jo och eppes, wat een net muss hunn. Et stellt ee sech iwwerhaapt d'Fro, ob een 100 Programmer muss hunn. Dat ass eng aner Fro. An deen Decoder brauch een, wann een en iwwerhaapt muss hunn, eréischt a 4-5 Joer, an dann hu mer nach Zäit eis ze iwwerleeën, ob een op dee Wee wëll goen oder net.

Guy Brecht (LSAP):

Wéi gesot, et war just eng Suggestioun, an ech soen iech awer villmools Merci fir d'Äntwert. An nach eng Kéier Merci, datt dir mer déi 5 Froe gestatt hutt.

Carlo Gira (CSV):

D'Spillplaz nieft dem Hondsterrain zu Péiteng ass am gaangen ewech geholl ze ginn. Ech wëll éischtens wëssen, ob dës Geräter op enger anerer Plaz erëm opgeriicht ginn, an zweetens ob eppes anescht hei an d'Plaz kënnt, respektiv ob fir d'Kanner an déi Jugendlech aus de Jenken eng aner Alternativ an d'A gefaasst gëtt ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wa mer vun der Spillplaz hannert dem Hondsterrain schwätzen, da muss ech leider soen, datt dat eng Spillplaz ass déi e wéineg onglécklech läit. Wann ech un d'Kanner aus de Jenken denken, a kucke wéi wäit déi musse lafe fir op déi Spillplaz ze kommen, déi alleng do uewe beim Bësch läit, dann hunn ech meng Bedenken, och wat d'Sécherheet ubelaangt. Well vu mir aus géif ech e Kand net alleng dohinner spille schécken, ausser et ass schonn ee Jugendlechen.

Op d'Fro, op déi Geräter ewechgeholl ginn, muss ech äntweren, datt se schonn ewechgeholl gi sinn. Wann d'Spiller nach conforme sinn, da gi se selbstverständlech op aner Plazen higesat. Mir sinn awer de Moment esouwäit, datt mer der Firma Luxcontrol en Optrag ginn hunn, fir eis sämtlech Spillplazen, eis sämtlech Spiller ze kontrolléieren, ob se nach conforme sinn. Well do ginn et an der Tëschenzäit Normen, a mer hätte gären, datt eis Spillplazen an eis Spiller deenen Norme sollen ugepasst ginn. Esou datt mer de Moment nach mussen tëscht 8 an 10 Woche waarden, bis mer eng Äntwert vu Luxcontrol hunn, déi de Moment am gaange sinn eis sämtlech Spillplazen ze kontrolléieren.

Ob elo ob däer Plaz eng aner Alternativ soll an d'A gefaasst ginn, esou hu mer eis doriwwer nach net am Schäfferot ënnerhalen. An ech wëll och léiwer emol fir d'éischt dee ganze Bulletin vu Luxcontrol ofwaarde fir ze kucken, wat si eis eventuell géife suggéréieren. Well et kann een net méi egal wat egal wouhinner setzen. An déi Spillplaz beim Hondsterrain läit jo och esou ofgeleeën, datt mer vill Vandalismus do haten, an dat wëlle mer an Zukunft och vermeiden.

Carlo Gira (CSV):

Dir hutt sécher Recht, datt e Problem besteet, well déi Spillplaz entleeë läit. An de Problem ass sécher deen, datt Jugendlecher éischter owes do erëmgelungert sinn. Awer am Dag ware ganz vill Mamme mat Kanner do, déi vun däer Spillplaz profitéiert hunn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wann déi Spillplaz esou benotzt gëtt, a wa mer nees eppes kënnen dohinner setze wat adequat ass, an den Normen entsprécht, da kënne mer déi Saach jo och nees an d'A faassen. Mä de Moment wëll ech de Bericht vu Luxcontrol ofwaarden. Et ass een neie Wee, dee mer mat Luxcontrol age-schloen hunn, mä et gëtt doduerch och méi ee séchere Wee.

Carlo Gira (CSV):

Mat Freed hunn ech an der Press gelies, datt d'Péitenger Gemeng eng vun 13 Gemengen ass, déi op recycléierte Pabeier ëmsteigt. Dat huet ee jo scho mat der Convocatioun vum Gemengerot gemierkt. Bezitt dat sech just op de Pabeier an der Verwaltung, oder och op aner Plazen ? Wa Jo, kann dat jo dann awer just duerch de gudde Wëlle vun de concernéierte Leit an der Iwwerzeegungsaarbecht duerch de Schäfferot geschéien ! Oder ? Ass envisagéiert, vun deenen 13 Gemengen de Pabeier 'en gros' ze bezéien, fir esou méi gënschteg anzekafen ?

Gilbert Welter, Schäffen:

Deen Artikel, deen elo an der Press ze liese war, dee bezitt sech op eng Initiativ vun der Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga, déi zesumme mam Ëmweltministère eng Campagne gestart hu fir de Gebrauch vum Recyclingpabeier nees méi populär ze maachen. Am Kader vun dëser Initiativ huet och de Schäfferot vun der Gemeng Péiteng eng Selbstver-pflichtungserklärung ënnerschriwwen, wou e sech bereet erkläert huet, fir a sengen Servicer, wou et ëmmer geet, op 100 % Recyclingpabeier zeréckzegräifen. Parallel zu däer Initiativ ass awer och am Kader vum Prosud en Aarbechtsgrupp agesat ginn, wou d'Gemenge gekuckt hu fir zesummen nohalteg anzekafen. Wat

de Volet Pabeier betrëfft, esou huet den Aarbechtsgrupp dee Pabeier virgeschloen, deen elo um Dësch läit. Bis elo sinn 9 Gemengen aus dem Prosud op dëse Wee gaangen. Nach eng kleng Bemierkung zum Schluss. D'Gemeng Péiteng huet och schonns déi lescht 2 Joer op 100 % Recyclingpabeier zeréckgegraff, mä deen neie Pabeier, deen e bësse méi brong ass, ass nach méi ökologesch a mat dësem Pabeier wëll een och ganz kloer no bausse weisen, datt ee sech fir d'Ëmwelt asetzt. Doriwwer eraus ass dëse Pabeier awer och finanziell méi interessant. Dee Pabeier gëtt an eise Schoulen, esou wéi hei an der Verwaltung benotzt. Et ass awer nëmmen de Pabeier fir an d'Kopies-maschinnen, an dee gëtt zentral akaf.